



och vu Qualitéit an Accessibilitéit si mer der Meenung, dass d'Assistance judiciaire nëmme soll beim Agréé zielen an nëmme bei - ech kommen nach op deem anere Punkt - der Assistance (veuillez lire: Médiation) judiciaire soll zielen. Är Fro huet zwee Deeler. Dat Éischt ass, dass se nëmme soll fir en Agréé kënnen zielen, d'Assistance judiciaire, an do stinn ech dozou, an net fir en Non-agréé soll kënnen zielen - och, fir d'Leit ze incitéieren, bei en Agréé ze goen.

Déi zweet Fro ass... Déi eng ass ënnerschwellleg, wat ech gesot hunn. Déi zweet ass dann déi: Woufir nëmmen Assistance judiciaire? Do soen ech, näischt empêchéiert de Stat - an ech ginn lech Beispiller - op anere Plazen, wou e Médiateur ass, an dat wäert zum Beispill bei der Santé de Fall sinn, dat ass an der Famille iwwer ASFT de Fall, dass de Stat do seet: Majo, mir bezuelen de Médiateur, soulaang en agréé ass. Dat ass jo ee vun deene Punkten, déi elo gewiescht waren am ASFT.

Mä mir mengen net, dass d'Assistance judiciaire, déi nu wierklech eppes mat de Gerichter ze dinn huet, dass een d'Instrument vun der Assistance judiciaire soll benotzen, fir Médiation non judiciaire ze bezuelen. D'Assistance judiciaire huet eppes mat de Gerichter ze dinn!

Mir sinn iwwregens amgaangen, eng Reform ze maache vun der Assistance judiciaire, well d'Käschten explodéieren. An ech mengen, wa mer wëllen eng Reform maachen, déi awer nach ëmmer dem Prinzip vun der Assistance judiciaire gerecht gëtt, soll och d'Assistance judiciaire bei der Médiation un der Justiz hänke bleiven. Sou ass dat iwwerhaupt bei der Assistance judiciaire. Et kritt een net bei allem, wou een en Affekot kritt, onbedéngt eng Assistance judiciaire. Et kritt een eng, wann et effektiv och eppes mat de Gerichter ze dinn huet. Dofir menge mer, och hei soll d'Assistance judiciaire bei der Médiation judiciaire hänke bleiven.

An ech soen lech nach eng Kéier: Et gëtt eng Partie Domäner wéi d'Famille, an ech weess och, dass d'Santé dorunner denkt, fir ze soen, ma mir bréngen eng Médiation de qualité. Do ass et esou, dass dann de Stat iwwer aner Weeër effektiv déi Médiation financéiert. An dat ass dann ëmmer erëm an deem eenzelne Gesetz, de Fall vun deem eenzelne Gesetz.

Voilà, ech mengen, dass ech op all Froen agaange wär. Ech si wierklech haut ganz frou, dass mer dat gemaach hunn. Et war net einfach, well mer eng europäesch Direktiv benotzt hunn, fir e grousst Lëtzeburger Gesetz ze maachen. Op där anerer Säit sinn ech awer frou, dass mer dat grousst Lëtzeburger Gesetz hunn.

An ech soen nach eng Kéier, mat allen Diskussiounen, déi mer haten, Agréé, Non-agréé an esou weider, wou et ëmmer verschidde Meenungen hei an do gouf, mengen ech, hätte mer hei emol e Kompromëss gemaach, dee kéint d'Strooss halen. Mir sollen em eng Chance ginn. Mir sollen all och derfir kämpfen, dass d'Médiation net nëmme méi just als Exception, mä als Regel an eisem Zesummeliewen ugesi gëtt.

Ech erkläre mech selbstverständlech gäre bereet, fir dass mer eng Evaluatioun maachen. Émsou méi wär ech da frou, wann d'Médiateure selwer sech géifen zesummeschléissen an en Deel vu Qualitéitskontroll, vu Code de bonne conduite géif iwwert d'Médiateure selwer kommen. Dat wär déi beschte Reklamm fir d'Médiation selwer.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Justizminister. Här Henckes, hutt Dir nach eng Fro un de Justizminister?

► **M. Jacques-Yves Henckes** (ADR). - Ech wollt eng Fro un de Justizminister schécken an un d'Autorin vun der...

► **M. François Biltgen**, *Ministre de la Justice.* - Selbstverständlech.

► **M. Jacques-Yves Henckes** (ADR). - ...Motioun. Et geet ëm deem Ausdrock «Code de bonne conduite administrative des médiateurs».

► **M. François Biltgen**, *Ministre de la Justice.* - Dat hat...

► **M. Jacques-Yves Henckes** (ADR). - Et gëtt e Code de conduite...

► **M. François Biltgen**, *Ministre de la Justice.* - Dat hat d'Madame Presidentin Polfer scho gesot, den «administrative» wär gestrach,...

► **M. Jacques-Yves Henckes** (ADR). - Voilà, mä dach...

► **M. François Biltgen**, *Ministre de la Justice.* - ...deen hätt näischt domat ze dinn.

► **M. Jacques-Yves Henckes** (ADR). - Jo, mä ofgesinn dovunner, et gëtt och e Code de conduite des médiateurs européens. Duerfir, huelen ech un, ass et deem, op deem elo sech referéiert gëtt. Oder gëtt et en nationale Code? Mä ech géif éischter unhuelen, dass et deem europäesche Code misst sinn, vu dass mer hei jo och eng europäesch Direktiv ëmsetzen. Dat wär also een Erklärungsbedarf, deem ech hei hätt, well mer all Kéiers vun engem aneren Term soss kéinte schwätzen.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. François Biltgen**, *Ministre de la Justice.* - Also, nach eng Kéier: Fir mech ass wichtig, dass de Code de bonne conduite eppes Fräiwëlleges ass, wat vun ënne kënn, an net eppes Obligatoresches, wat vun uewe kënn. Dat ass bei der Deontologie ëmmer wichtig, dass dat net alles eng gesetzlech Form huet, mä dass et wierklech vun ënnen erop kënn. Dat ass dat Éischt.

Dat Zweet ass: Et gëtt effektiv schonn eng ganz Partie Virarbechten um europäesche Plang. An ech ginn och dovunner aus, dass, wa mäi Wonsch erhéiert gëtt, dat vun der Basis selwer kënn, déi Leit deem och kennen a sech do-robber baséieren. Et ass awer och wichtig bei esou engem Code de bonne conduite, de Lëtzeburger Spezifitéite Rechnung ze droen.

Mir haten déi leschte Kéier als Justizministern eng riseg Debatt iwwert d'Médiation, wou mer festgallt hunn, dass et an alle Länner ganz anescht ass. Et sinn zum Beispill Länner, déi ënner Médiation awer eppes Obligatoresches verstinn. An dofir, mengen ech, ass et scho wichtig, dass déi Leit - an dofir hätt ech gär, dass et vun ënnen erop kënn - sech Gedanke maachen.

Ech mengen, do kéint eng Uni eng Roll spillen, eng berodend Roll, well op der Uni, an deem Master en médiation, komme Leit vun iwwerall Coursen halen. Dass ee seet: Hei sinn déi Basisregele vum Code de déontologie oder vun den Deontologieregelen, wéi et se an Europa gëtt. Kommt, mir maachen do eppes draus, wat der Lëtzeburger geschier spezifischer Situatioun ugepasst ass!

Mir hunn aner Problemer zum Deel wéi aner Länner. An dofir, mengen ech, hunn ech Är Fro beäntwert. Dat, wat an Europa gemaach ass, brauch een net méi nei ze erfannen, mä et muss een et ëmmer esou maachen, dass et och zu Lëtzebuerg klappt.

► **M. le Président.** - Gutt, ech mengen, domadder wieren all Froe beäntwert. Mir wieren domadder um Enn vun der Diskussioun a mir kommen elo zur Ofstëmmung.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6272 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration.

(Interruptions)

► **M. Michel Wolter** (CSV). - Mäin Apparat geet net. Ech stëmmen mat Jo.

► **M. le Président.** - No där Präzisioun vum Här Wolter ass de Projet de loi ugehall mat 58 Jo-Stëmmen, géint 1 Nee-Stëmm.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi n°6272 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies (par Mme Nancy Arendt), Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessa Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber (par M. Raymond Weydert), Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), MM. Fernand Etgen, Paul Helming, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

**Retrait du rôle de la proposition de loi 4969**

Nom Vote vum Projet de loi 6272 wëll ech dann och nach d'Madame Lydie Err froen, ob si domadder averstanen ass, dass domat och hir Proposition de loi 4969 als evaküiert betruecht ginn ass.

► **Mme Lydie Err** (LSAP), *auteure.* - Jo, Här President.

► **M. le Président.** - Da soen ech der Madame Err Merci.

Als nächste Punkt hu mer d'Diskussioun vun der Proposition...

(Interruption)

Ah entschëllegt, jo, et ass richtig. Entschëllegt, Madame Loschetter, mir hunn hei nach eng Motioun.

**Motion 1**

Do war virgeschloe gi vum zoustännege Minister, dass d'Madame Loschetter déi soll licht ofänneren. Dat huet se entre-temps gemaach. Ech géif hir proposéieren, dass se haart déi Modifikatioun vun där Motioun géif virlesen, an da kéinte mer doriwwer ofstëmmen.

► **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*). - Jo, Merci, Här President. Mir hunn déi Wieder, déi vum Minister proposéiert gi sinn, esou iwwerholl. An deem zweeten Tiert vum Invite, dee wär da Folgenden: «à introduire, en vue de l'obtention de l'agrément et par voie de règlement grand-ducal, l'obligation de suivre une formation dont l'étendue et les spécificités sont basées sur les acquis de l'expérience luxembourgeoise en matière de médiation».

► **M. le Président.** - Ass dat an der Rei, Här Justizminister? Derbäi kënn, dass mer am leschten Tiert och nach den „administrative“ ewechloossen.

**Motion 1 modifiée**

*La Chambre des Députés,*

- *considérant que la médiation en matière civile et commerciale, telle que proposée par la proposition de loi 4969 et introduite par le projet de loi 6272 peut être soit judiciaire, soit conventionnelle;*

- *constatant que ledit projet de loi ne prévoit pas d'agrément obligatoire pour les médiations conventionnelles;*

- *rappelant que les modalités de la formation en vue de l'obtention de l'agrément pour la médiation ne sont pas inscrites dans la loi mais seront réglées par voie de règlement grand-ducal;*

- *soulignant que la loi ne prévoit pas de conditions obligatoires garantissant la qualité à travers une formation spécifique pour les médiations familiales conventionnelles;*

- *se basant sur l'article 9 de la directive à transposer, qui stipule que «les États membres encouragent, par tout moyen qu'ils jugent approprié, la mise à la disposition du public, notamment sur Internet, d'informations sur la manière de contacter les médiateurs et les organismes fournissant des services de médiation»;*

*invite le Gouvernement*

- *à organiser une vaste campagne d'information et de sensibilisation à la régulation des conflits par la médiation et, plus particulièrement, à la qualité des services rendus par les médiateurs et les médiatrices agréés;*

- *à introduire, en vue de l'obtention de l'agrément et par voie de règlement grand-ducal, l'obligation de suivre une formation spécifique à la médiation dont l'étendue et les spécificités sont basées sur les acquis de l'expérience luxembourgeoise en matière de médiation;*

- *à encourager l'adhésion de tous les médiateurs et médiatrices au «Code de bonne conduite des médiateurs».*

(s.) Viviane Loschetter, Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Josée Lorsché.

Kann ech dann déi ëmgeännert Motioun zum Vote stellen?

(Assentiment)

**Vote sur la motion 1 modifiée**

Wien ass mat där Motioun d'accord?

Dat schéngt mer d'Unanimitéit vun deser Chamber ze sinn. Domadder wär déi Motioun ugehall.

Da kéime mer elo zur Diskussioun iwwert d'Proposition 6205 iwwert d'Ofännerung vum Artikel 52 vun eiser Verfassung an d'Proposition de loi 6206, eng Ofännerung vum Wahlgesetz, déi mer dann och zesumme wäerte behandelen.

Et sief drop higewisen, dass fir d'Proposition de révision 6205 laut Artikel 114 vun eiser Verfassung eng qualifizéiert Majoritéit vun zwee Drëttel vun de Stëmmen erfuerdert ass an de Vote par procuration net erlaabt ass. D'Riedezäit ass hei festgeluecht nom Modell 1. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Häre Wilmes a Berger, d'Madame Lorsché, den Här Henckes an den Här Urbany.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vun der Proposition de révision, den honorabelen Här Paul-Henri Meyers. Här Meyers, Dir hutt d'Wuert.

## 7. 6205 - Proposition de révision de l'article 52 de la Constitution

### 6206 - Proposition de loi portant modification de la loi électorale modifiée du 18 février 2003

#### Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle sur la proposition de révision de la Constitution 6205

► **M. Paul-Henri Meyers** (CSV), *rapporteur.* - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Här Deputéierten Eugène Berger huet den 12. Oktober 2010 zwee Projeten an der Chamber deponéiert. Een éischten Text huet als Zil, den Artikel 52 vun der Verfassung ofzeänneren. Den Alter, wou een däréi wiele goen, soll vun 18 op 16 Joer erofgesat ginn.

An enger Proposition de loi, déi gläichzäiteg mat der Revision vun der Verfassung abruecht ginn ass, gëtt virgeschloe, d'Artikelen 1, 2, 3, 11, 52 an 89 vum Wahlgesetz ofzeänneren. Déi zwee Projeten hänke ganz enk zesummen. Si dréien allen zwee ëm de Wahlalter, dat heescht, den Alter, wou een däréi wiele goen. An et ass och esou, wann de Wahlalter an der Verfassung géif erofgesat ginn, da misst selbstverständlech och d'Wahlgesetz deementspriedend ugepasst ginn.

Den Auteur vun deenen zwee Projete gesäit vir, dass déi Jonk mat 16 Joer wiele kënnen goen, mä dass si bis 18 Joer net musse wiele goen. Si kréien also ee Recht, mä si hu keng Verflchtung, fir d'Wahlrecht och effektiv auszeüben. Domat ginn déi Jonk tëschent 16 an 18 Joer eigentlech gläichgestallt deenen eelere Matbierger iwwer 75 Joer, wou am Artikel 89 Alinéa 3.2 vum Wahlgesetz fir déi Kategorie vu Wieler eng Excuse légale virgesinn ass. Déi hunn e Recht, mä si hunn och keng Verflchtung méi, fir wiele mussen ze goen.

Den Här Berger huet a senger Propositionen e puer Motivatiounen bruecht, e puer Grënn bruecht, fir de Wahlalter erofzesetzen. Déi Jonk solle méi staark un deem politesche Liewen interesséiert ginn. Si sollen hir Iwwerleeungen an hir Fuerderunge besser kënnen virdoen. Si sollen och konkret gesinn, dass se an hire politeschen Iwwerleeungen, déi se kënnen maachen, och seriö geholl ginn. Den Här Berger beriff sech a sengen Iwwerleeungen op d'Beispiller aus dem Ausland, ënner anerem op d'Beispill vun Eisträich an och op d'Beispill vun den däitsche Bundeslänner, wat d'Gemengewahle betrëfft.

Den Auteur zitéiert dann och a senger Propositionen eng Rei aner Gesetzter, wou déi Jonk tëschent 16 an 18 Joer och scho Rechter hunn, notament am Zivilrecht. Hie beriff sech dann och op d'Resolutioun vum Jugendparlament 5-5 2009/2010 an op eng Dokumentatioun vum Conseil de l'Europe. Ech ginn hei net an d'Detailer op all déi Dokumenter an, déi iwwregens dem Procès-verbal vun der Institutionskommission vun dem 29. Juni 2011 bäigefügt sinn.

Bei zwee Dokumenter erlaben ech mer awer nach hei, e puer Wieder driwwer ze soen. Dat ass engersäits den Avis vum Statsrot an op där anerer Säit d'Prises de position vun der Regierung.

Fir de Statsrot ass d'Entscheidung, fir de Wahlalter op 16 Joer erofzesetzen, eng politesch Décisioun, déi d'Chamber ze huelen huet. A sengem Avis vum 3. Mee 2011 verweist de Statsrot op seng Avisen zu deenen ähnleche Projeten, an zwar op säin Avis vum 23. Mäerz 2010 a besonnesch op säin Avis vum 19. Oktober 1971. Et ass also eng Matière, déi scho laang an der Diskussioun ass.

De Statsrot ass der Meenung, dass d'Argumenter, déi virbruecht ginn, fir de Wahlalter op 16 Joer festzeleeën, och kéinte gebraucht ginn, fir déi Altersgrenz nach weider erofzesetzen, ouni dass en awer do eng Limite ugëtt. Hien huet dann awer och Bedenken, fir de Wahlalter erofzesetzen, well dat nom Statsrot op laang Siicht ouni Zweifel net ouni Effete géif bleiven, notament am Beräich vum Zivilrecht a besonnesch och am Beräich vum Strofrecht.

De Statsrot gëtt och ze bedenken, dass, wann et ëm eng Bedeelegung vun deene Jonken un de politeschen Diskussiounen geet, weder d'Ver-





fassung nach iergendee Gesetz verbitt, dass d’politesch Parteien, dass och aner Associatiounen an och d’Gewerkschaften déi Jonk un deenen Diskussiounen kënne bedeelegen, an am Fong geholl dat Uleies, wat ëmmer virbruecht gëtt, dass se sech méi staark fir och d’politescht Geschehen an dat, wat an der Politik geschitt, interesséieren, dass dat besonnesch och iwwert dee Wee ka geschéien.

Schliesslech schléit de Statsrot da vir, dass iwwert d’Fro vum Wahlalter ee breeden Débat an der Chamber soll gefouert ginn.

An hirer Prise de position vum 7. September 2011 ass d’Regierung gréisstendeels mat de Virschléi vum Statsrot d’accord. D’Regierung ralliiert sech deenen Argumenter. An als Konklusioun recommandéiert d’Regierung, eng virsiichteg Haltung an der Fro vum Erofsetze vum Wahlalter anzehuelen.

D’Regierung ass net d’accord, dass déi Jugendlech tëschent 16 an 18 Joer sollen zwar ee Recht, mä keng Verflichtung a puncto Wahlbedelegung kréien.

D’Institutionskommission huet d’Argumenter fir a géint d’Erofsetze vum Wahlalter, esou wéi se an deene verschiddene Projeten an Avisen exposéiert sinn, diskutéiert. Si huet d’Vertrieder vum Jugendparlament gehéiert. Si huet hinnen nogelauschert. An d’Argumenter sinn och tëschent deenen eenzelne Vertrieder vum der Kommission an tëschent de Vertrieder vum Jugendparlament kontradiktoresch ausgetosch ginn. D’Kommission huet och d’Meenungen an d’Iwwerzeegunge vum de Vertrieder vum de politesche Parteien héieren, déi an der Kommission vertruede sinn.

Ech wëll hei net op all déi Iwwerleeungen agoen. Ech huelen un, dass d’Spracher vum de Parteien och hir Meenungen an Iwwerzeegunge wäerte virdroen. An duerfir, mengen ech, wier dat e bëssen iwwerzu vu menger Säit, fir all déi Argumenter ze widerhuelen, déi duerno nach eng Kéier virbruecht ginn. Iwwregens déi Diskussioun an déi Argumenter sinn och an de Procès-verbale vum der Institutionskommission ze fannen an zwar am Procès-verbal vum 29. Juni, vum 28. September a vum 22. November 2011.

Aus den Diskussiounen vum der Institutionskommission kann een d’Konklusioun zéien, dass d’Proposition, fir d’Verfassung ofzeänneren a fir de Wahlalter erofzesetzen, esou wéi den Här Berger dat virgeschloen huet, dass déi Proposition an der Kommission selwer aus verschiddenen Iwwerleeungen, déi och déi si vum Statsrot a vum der Regierung, keng qualifizéiert Majoritéit fonnt huet.

Duerfir schléit och d’Kommission der Chamber vir, déi Texter, esou wéi se elo virleien, net unzehuelen.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Rapporteur Paul-Henri Meyers. Elo kritt d’Wuert fir d’Alleréischt den Auteur vum der Proposition de loi, den honorabelen Här Eugène Berger. Här Berger, Dir hutt d’Wuert.

## Présentation de la proposition de loi 6206

► **M. Eugène Berger (DP), auteur.**- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kollegen, et ass vläicht den een oder aneren, dee sech gefrot huet, firwat ech als Auteur vum der Proposition de loi respektiv vum der Revisioun vum der Verfassung net selwer de Rapport gemaach hunn, deen den Här Paul-Henri Meyers, deem ech wëll Merci soe fir säi Rapport, an aller Objektivitéit gemaach a wierklech erëmgespigel huet, wéi d’Aarbechten an der Kommissions-sitzung verlaf sinn.

Also, wien dem Rapporteur nogelauschert huet, ka sech denken, firwat ech dat net gemaach hunn. Bei den Deputéierten an der Kommission huet sech duerch déi oflehrend Haltung vum den CSV-Deputéierten, mä awer och vum den LSAP-Deputéierte keng Majoritéit fonnt, ebe fir d’Erofsetze vum Wahlalter op 16 Joer matzedroen. Dir verstitt, dass ech duerfir d’Option geholl hunn, fir kënnen als Auteur an net als Rapporteur hei am Plenum ze schwätzen, fir kënnen dann an aller Fräiheet meng Argumenter fir d’Erofsetze vum Wahlalter ze développéieren.

Här President, mäin Engagement fir d’Erofsetze vum Wahlalter huet schonns eng laang Geschicht. Déi geet bis praktesch un den Ufank vu menger politescher Carrière. Et si schonn eng Rei Joren hier, schonns 1995 hat ech bei engem Débat iwwert d’Jugend derfir plädéiert an 1996 hunn ech eng Proposition de loi déposiert, fir den aktive Wahlalter, also den Alter, fir kënnen wielen ze goen, op Gemengenniveau deemools op 16 Joer erofzesetzen.

Ech wëll och dorun erënneren, dass 1996 zwee sozialistesche Deputéierten ähnlech Initiative geholl haten. De René Kohlweiler an de Marc Zanussi haten och Proposition-de-loien, fir de

Wahlalter erofzesetzen, déposiert. Den 20. Februar 1997, also viru praktesch 15 Joer - wann een haut kuckt, hänke mer nach e puer Deeg drun, also praktesch 15 Joer sinn et elo hier -, hu mer deemools déi verschidde Proposition-de-loien an der Chamber diskutéiert.

Deemools hat ech iwwregens och eng Proposition de loi gemaach, fir de passive Wahlalter, also fir kënnen gewielt ze ginn, op 18 Joer erofzesetzen. Mëttlerweil ass dee Virschlag, muss ech soen, positiverweis jo Realitéit ginn.

Well awer bei dem aktive Wahlrecht nach näischt bougéiert huet, hunn ech also 2008 respektiv 2010 eng nei Initiativ geholl, déi mer dann haut debattéieren. An zwar hunn ech proposéiert, fir d’Recht ze hunn, kënnen wielen ze goen, op 16 Joer erofzesetzen, dat souwuel bei Gemengewahle wéi bei Landes- an Europawahlen. An dëst sollt e fakultativ Wahlrecht sinn. Dat wëll ech ënnersträichen. Et ass keen Zwang, mä eng Méiglechkeet fir déi Jonk, déi dat wëllen an Usproch huelen.

Firwat plädéieren ech fir d’Erofsetze vum Wahlalter? Et gëtt fir mech eng Rei Argumenter. Dat sinn net meng eegen oder eleng meng eegen Argumenter. Déi kann een a villen Diskussiounen och am Ausland noliessen.

Eis Gesellschaft changéiert an evoluéiert permanent, an dat fënt och säin Nidderschlag an der Gesellschaft, och bei deene Jonken. Déi Jonk kréien haut vum der Gesellschaft méi perséinleche Fräiraum accordéiert. Se gi méi staark mat hire Virstellungen, Meenungen, Problemer a Wënsch considéréiert an der Famill, an der Gesellschaft. Experten an Entwécklungspsychologe soen, dass déi Jonk doduerch haut méi fréi raif ginn an en Entwécklungsstand errechen, deen et hinnen erméiglecht, méi fréi Décisiounen ze huelen.

Déi Jonk setzen hautdësdays méi op kritesch Ausenanersetzunge mat deem, wat ronderëm se passéiert. Dëst besonnesch an engem Zäitalter vu globaler Kommunikatioun, Internet a sozialen Netzwierker. An dës global Kommunikatioun erméiglecht deene Jonken och, a ville Sujeten e ganz héijen Informatiounsstand ze hunn. Et gëtt eng Rei Sujeten, Dossieren, wéi zum Beispill d’Ëmwelt, d’Schoul, Informatiounstechnologien an anerer nach, wou si warscheinlech gutt, wann net vläicht heiansdo besser informéiert sinn, wéi eng Rei Erwuesener oder eeler Leit.

Wat een och feststellt, ass, dass déi Jonk interesséiert sinn un der Matbestëmmung, besonnesch bei Sujeten, déi si betreffen. An de Schoulen oder a verschiddene Gremien, wéi d’Jugendparlament oder kommunal Jugendréit, gëtt dës Kultur vu Matbestëmmung och sënnvoll gefördert. An hei zu Lëtzebuerg an der Praxis gesäit ee jo déi rezent Schülerstreiken oder déi Schülermobilisatiounen, fir et emol esou ze soen, ob am Kontext vum Projet 5611 oder elo bei der Schoulreform, dass se mat grousser Däitlechkeet ënnersträichen, dass se dat interesséiert, dass se sech informéieren iwwert dat, wat si betrëfft.

An do gesäit een och: Déi Jonk, déi wëllen ëm hir Meenung gefrot ginn an deenen Décisiounen, déi si direkt betreffen. Do wëlle se op alle Fall matschwätzen.

An dat bréngt mech och schonn op dat fir mech wichtegst Argument an der Diskussioun iwwert de Wahlalter. All Décisiounen, déi d’Politik haut hält, sinn Décisiounen, mat deenen déi Jonk muer lieue mussen. Déi Haaptbeträffe vu villen, ganz ville politeschen Décisiounen vum haut, dat sinn déi Jonk; ob dat eng Pensionsreform ass, eng Reform vum dem Aarbechtsrecht, Décisiounen iwwer Investissementen an d’Zukunft, iwwert den Tram an esou weider.

Duerfir misst et jo och nëmmen normal sinn, dass mer déi Haaptbeträffen och géifen ëm hir Meenung froen, andeems mer hinnen eng minimal politesch Matbestëmmung erméiglechen. Wa mer déi Jonk wëllen als vollwärtig Bierger an d’Gesellschaft integréieren, da muss een hinnen den Zougang zu deenen elementairste politesche Rechter erméiglechen. An dat ass an enger Demokratie nun emol d’Wahlrecht.

Ech mengen, dat ass de Knackpunkt an där ganzer Diskussioun fir mech. Wëlle mer eis Demokratie esou gestalten, dass mer deene Jonken, den Hauptconcernéierte vu muer, e politescht Matsproocherecht ginn, jo oder neen? Dat ass eigentlech déi fundamental politesch Fro an dësem Débat.

D’DP seet jo. D’CSV, déi sécher an där Fro och eng Konstanz huet, seet neen. Dat huet se och an der Vergaangenheet gemaach. Dat verwonnert eigentlech net.

An d’LSAP, déi seet och neen, obwuel se d’Iddi an allen oder a ganz ville Wahlprogrammer an der Vergaangenheet stoen hat, obwuel d’Jonksocialisten et fuerderen. Nach de leschte Freideg, mengen ech, haten déi e Communiqué,

wou se gesot hunn, dass se derfir géifen anrieden, dass se wierklech hoffen, dass hei an der Chamber eppes Positives derbäi eraus géif kommen, obwuel hir eegen Deputéierte Gesetzesproposé fir d’Erofsetze vum Wahlalter an der Vergaangenheet gemaach hunn.

## (Interruption)

Ech mengen, hei... D’Socialisten...

## (Interruption)

Richteg, Här Etgen. D’Socialisten...

► **M. le Président.**- Ech wëllt lech bieden, dem Här Berger nozelauschteren!

► **M. Eugène Berger (DP), auteur.**- Ech kann do dem Här Etgen nëmmen zoustëmmen. D’Socialisten hunn op en Neits an dësem Dossier hire gesellschaftspolitesche Gebuertschäin verluer.

Här President,...

## (Interruption)

...leschtendlech geet et hei bei dëser Fro och ëm den...

## (Interruptions)

► **M. le Président.**- Ech bieden lech, souwuel den Här Bettel wéi den Här Bodry, ganz opmierksam dem Här Berger nozelauschteren!

► **M. Xavier Bettel (DP).**- D’Socialiste wësen net méi, wéi d’Socialiste stëmmen.

► **M. Eugène Berger (DP), auteur.**- Merci, Här President. Ech fueren da weider.

## (Interruptions et hilarité)

Sou! Här President...

► **M. le Président.**- Sou! Här Berger, elo hutt Dir d’Wuert.

► **M. Eugène Berger (DP), auteur.**- Merci, Här President. Leschtendlech geet et hei bei dëser Fro och ëm de Generatiounevertrag. Wann een d’demographesch Evolutioun kuckt, stellt ee fest, dass d’Populatioun zu Lëtzebuerg ëmmer méi al gëtt. De Risiko besteet, dass déi eeler Altersgruppen ëmmer méi eng grouss politesch Lobby duerstellen an dass hir spezifesch Interessen disproportionéiert staark vum de politesche Responsabele berücksichtegt ginn. D’Problemer a legitim Wënsch vum deene jonke Generatiounen riskéieren doduerjer ëmmer manner berücksichtegt ze ginn.

Wann déi 16-Jähreg méi fréi kéinte viele goen, géif warscheinlech méi iwwerleucht ginn, ier een zum Beispill géif de Pensionéierten e Rentenajustement zousätzlech schenken an derneift deene Jonken elo doduerch schonns en Deel vum hirer Pensioun géif ewechhuelen.

Eng aner Consultatioun ass déi, dass Jonker scho ganz vill implizéiert sinn an d’Gesellschaft oder eng Rei Responsabilitéiten hu respektiv u si erugedroe ginn, respektiv déi se och kënnen iwwerhuelen; dat souwuel an der Schoul wéi och an der Gesellschaft en général.

Ech schwätzen do emol net vum de Führerschäiner oder Pilotlizenzen, déi se kënnen maachen, Bankkonten, déi se kënnen opmaachen. Se kënnen sech bestueden. Eng Rei Jonker zum Beispill ginn och virun 18 Joer schaffen, verdéng Suen, bezeule Steieren, ouni dass se kënnen matbestëmmen, zum Beispill, wat mat hire Steiere geschitt. Si dierfen an d’Arméi goen, kënnen eigentlech theoretesch an de Krich zéien an esou weider.

Här President, wann ech proposéieren, fir dass déi Jonk ab 16 dierfe mat viele goen, ass dat keen absolut Neiland. De Rapporteur huet et och schonns gesot. Et gëtt och eng Rei Dokumentatiounen, déi an den Dokumenter bäileien. An anere Länner an Europa gëtt et dat schonns, esou zum Beispill an Eisträich oder a verschiddene Bundesländer an Däitschland.

Et gëtt och eng Rei Bestriewungen, fir dat op dem EU-Plang ze harmoniséieren. De liberalen Europaparlamentarier Andrew Duff hat d’Erofsetze vum Wahlalter an engem Rapport iwwert d’EU-Wahlprozedure proposéiert. Et ass, muss een och soen, virleefeg net zrëckbehale ginn, mä déi Diskussiounen wäerte sécher och nach eng Kéier do op deem Plang nei opgerullt ginn.

Offiziell Jugendvertriedunge froen och d’Erofsetze vum Wahlalter, souwuel den Europäesche Youth Forum wéi d’JDL hei zu Lëtzebuerg, d’Jonksocialisten, wéi ech virdrun erwähnt hunn, a virun allem och eist nationaalt Jugendparlament. A wa mer als Parlamentarier dëst Jugendparlament wëllen eescht huelen, misste mer eigentlech méi konsequent op hir Resoloutioun vum 10. Juli 2010 reagéieren, wou se genau dat hei och gefrot haten.

Mir haten eng Entrevue mat Vertrieder vum Jugendparlament an der Kommission. Dat ass

schéin a gutt. Mir haten do - muss ech soen - och en exzellenten, wierklech en exzellenten Austausch, mä mir sollen hinnen net nëmme schéi brav nolauschteren, mä dann och op hir Fuerderungen agoe respektiv déi Fuerderunge méi eescht huelen.

Här President, de Statsrot an d’Regierung hu Stellung zu mengem Proposé geholl. De Rapporteur ass drop agaangen. Ech wëllt dat awer och nach eng Kéier maachen. Bei deenen zwee Avisé kann een eppes erauslesen. Dat heescht, de Conseil d’État... Ech hunn op alle Fall gelies, dass en net grondsätzlech e fundamentale Problem mat der Propos huet an eischer monéiert, dass et schlussendlech eng politesch Fro ass. Ech géif preziséieren: eng gesellschaftspolitesch Fro. D’CSV/LSAP-Regierung dergéint ass méi radikal a verwerft d’Propos mat e puer Argumenter, déi awer a mengen Aen net haltbar sinn an op déi ech wëll kuerz hei agoen.

Ech mengen, et ass esou, fir sech laanscht eigentlech déi politesch Verantwortung - well et ass am Endeffekt eng politesch Décisioun, déi een hei muss huelen - ze zéien, ginn haapt-sächlech juristesche Argumenter ugefouert. Am Résumé kéint een d’Positioun vum der Regierung esou formuléieren: Déi zivil Rechter missten ëmmer komplett gläichgestallt si mat de politesche Rechter. An dat wier eben net de Fall bei de Bierger ënner 18 Joer.

Dat ass fir mech e bëssen Äppel mat Bire vergläichen, well e politescht Recht en Deel vum engem partizipative Prozess an enger Demokratie ass an net ka gläichgestallt gi mat zivile Rechter, wou et ëm aldeegleche Regeln, Protektiounen innerhalb vum der Gesellschaft geet.

Doriwwer eraus weist d’Geschicht, an déi aldeegleche Praxis, dass et ni, ni an eiser Geschicht hei zu Lëtzebuerg eng Gläichschaltung vu politeschen an zivile Rechter ginn ass an dass dat och net an eiser Verfassung iergendwou festgeschriwwen ass.

Wa mer an eiser rezenter Geschicht kucken, kann een zum Beispill gesinn, dass d’Fraen 1919 d’Wahlrecht kruten. Bis an den 1970er Jore ware se awer um zivile Plang, kéint ee scho bal soen, aus heiteger Siicht Mënsche vum zweeter Klass an hunn eng ganz Rei Rechter net gehat. Si hunn zum Beispill keen eegene Bankkonto kënnen opmaachen an nach aner mëttelalterlech Saache méi. Dat Argument vum der Regierung ass also schonns säit Jorzéngte vum der Realitéit widdersprach an ad absurdum gefouert.

Et gëtt och versicht, déi penal Responsabilitéit mat an d’Diskussioun ze bréngen. Zum Beispill, seet d’Regierung, misst dann och eis Strofgesetzgebung no ënnen ugepasst ginn. Och do gesinn ech net, wat fir ee Lien dat mat engem politesche Recht hätt. Et kann een op där anerer Säit jo och net strofbar gemaach gi fir säi Vote bei Wahlen.

An effektiv, et gëtt eng Rei Dispositionen am Zivilrecht, déi si geduecht, fir besonnesch déi Jonk ze schützen. Mä dat ass jo awer keen Argument géint d’Wahlrecht, well do mussen déi Jonk jo net virdru beschützt ginn. E Wieler gëtt jo och net haftbar gemaach fir seng Stëmm, déi en ofgëtt. Ma an dann, wann ee kuckt, an Eisträich oder an anere Länner, wou de Wahlalter op 16 erofgesat ginn ass, huet dat och zu Recht keng Inzidenzen op aner Bestëmmungen a puncto Zivilrechter oder Strofrecht mat sech bruecht.

Wann een d’Diskussioun zum Wahlrecht noliest, ech hat dat e bësse gemaach, bis och eben, wat een nach erëmfinnt vum deenen Diskussiounen zum Fraewahlrecht, da gesäit een e bëssen, da gëtt een den Androck net lass, dass ee souguer nach haut, op alle Fall d’CSV/LSAP-Regierung, zum Deel ähnlech Argumenter eigentlech benotzt wéi deemools, zum Beispill 1919, vu verschiddene Kreesser, also viru bal 100 Joer, bei den Diskussiounen fir d’Aféiere vum Fraewahlrecht.

En anert Argument vum der Regierung ass ze soen, dass een duerch de fakultative Charakter géif eng Ausnahm zu eiem allgemenge Wahlrecht maachen. Och do, géif ech soen, läit se niewent dem Dill, well mir hunn dat schonns, sief et beim Ausländerwahlrecht oder bei de Bierger iwwer 75 Joer. Och dat huet de Rapporteur monéiert.

Ech mengen, fir deenen eelere Leit dat zouzegestoen, do hat déiselwecht Regierung keng Bedenken. Elo fir déi Jonk op emol soll de fakultative Charakter ee Problem sinn.

Ech verschléisse mech awer och net, muss ech soen, enger Diskussioun, ob d’Wahlrecht net misst effektiv obligatoresch sinn. Et muss een





awer och soen, an der Kommissioun ass ëmgedréit diskutéiert ginn. Do ass nämlech nogeduecht ginn, ob een net soll méi generell iwwert d'Wahlpflicht nodenken. Ech soen einfach: Et war nëmmen eng Diskussioun. Et ass elo nach keng Décisioun gemaach ginn. Do waren awer och esou Iwwerleeungen, ob een net éischter sollt och deen anere Wee goen. Mä egal.

Als Konklusioun: D'Regierung, déi verstoppt sech eigentlech hanner enger juristescher Niwwelwand - hat ech dat emol genannt -, fir eben där politescher Fro auszewäichen. Fazit ass, datt se a mengen Ae refuséieren, deene Jonken e minimaalt Matsproocherecht an eng demokratiesch Bedelegung an der Gesellschaft zouzegestoen.

Aner Awänn, déi am Kontext mat dem Erofsetze vum aktive Wahlalter gemaach gi sinn, sinn déi, datt gesot gëtt, déi Jonk hätte keng politesch Kenntnissier oder Kompetenz, datt se net wéissten, ëm wat et géif goen. Besonnesch déi vu 16 bis 18. Dat géif besonnesch op déi zoutreffen. Niewebäi bemierkt: Och dat sinn Argumenter, déi deemools 1919 an den Diskussiounen beim Fraewahlrecht ugefuert gi sinn.

Ech muss deene Kritike widderstrieden. Do kann een net alleguerten déi Jonk an een Dëppchen...

► **M. le Président.**- Här Berger, erlaabt Dir...

(*Interruption*)

► **M. Eugène Berger** (DP), *auteur.*- Här President, den Här Kartheiser, wann hien herno eppes wëllt soen, da kann e sécher d'Wuert froen an da kann en dat dann hei soen.

Ech wollt soen...

► **M. le Président.**- Fuert Dir virun, Här Berger!

► **M. Eugène Berger** (DP), *auteur.*- Jo. Här President...

► **M. Jacques-Yves Henckes** (ADR).- Dir wëllt net op d'Froen äntwerten. Dat ass Äre Problem.

(*Interruption*)

► **M. Eugène Berger** (DP), *auteur.*- Ech widderstrieden de Kritiken, datt déi Jonk keng politesch Kenntnissier oder Kompetenz hätten. Au Contraire, déi Jonk hunn a villen Domänen eng ganz Rei vu Kenntnissier. Ech hat dat scho gesot. A si hunn och oft eng valabel Meenung iwwer eng ganz Rei Themen. Ech denken, wéi gesot, un déi Froe vun der Schoul, Informationsgesellschaft, Ëmwelt, etc., etc.

Dat sinn och eigentlech ganz aktuell Themen, mat deene se praktesch all Dag, si, direkt concernéiert ginn, déi se um eegene Leif erfueren. Déi Jonk si vläicht souguer do a verschiddene Sujete besser gestallt, fir sech driwwer eng Meenung ze maachen, wéi eng Rei aner Wieler - ech wëll elo net soen, eeler Wieler -, déi mat där Problematik, wéi zum Beispill der Schoul, da guer net gefuerdert sinn.

Meng Mamm ass iwwer 70 Joer. Ech wëll dat Beispill huelen, fir kengem ze no ze trieden. Se ass net onbedéngt - déi huet iwwer 70 Joer, wéi gesot - un Diskussiounen vun der Schoulpolitik, dem Dateschutz oder der Jugendarbeitslosigkeit oder souguer net der Rentereform méi interesséiert, well se och net méi direkt concernéiert ass. Meng Mamm wéi aner Bierger, déi net direkt also vu Gesetzter betrafft sinn, déi gi wielen, mä déi maache sech vläicht guer keng Gedanken, stelle sech keng Froen, ob se genau wëssen, ëm wat et geet bei deenen eenzelne Sujeten, wou se dann herno sollen driwwer ofstëmmen.

(*Interruption*)

Här President, ech wëll net falsch verstane ginn. Ech wëll net deene Leit d'Wahlrecht ofschwätzen, ech wëll einfach nëmmen duerleeën, wéi wackleg déi Kritik ass, datt déi Jonk net iwwer Aktualitéit Bescheid wëssen a sech keng eege Meenung kéinte bilden a kéinte vu politesche Strategen ausgenutzt ginn. Déi Kritik an déi Gefor kann ee bei all Alterskategorie an d'Feld bréngen.

Ech wëll awer och kloer deem zoustëmmen, datt een de Jonke soll déi beschtméiglech Informatiounen zoukomme loossen. An der Schoul muss se eng adequat Instruction civique kréien.

► **M. le Président.**- Här Berger, Dir misst lues awer sécher zum Schluss kommen.

► **M. Eugène Berger** (DP), *auteur.*- Här President, ech kucken, datt ech... Ech versichen, esou schnell wéi méiglech fäerdeg ze maachen.

► **M. Jacques-Yves Henckes** (ADR).- Dat ass wéi e Faass Uelech, dat drëpseweis ausleeft.

(*Hilarité*)

► **M. Eugène Berger** (DP), *auteur.*- Jo. Här President, ech wëll net falsch verstane ginn. Ech wëll net deene Leit... Här President, ech hunn awer 19 Minutten, wann ech dat richtig an Erënnerung hunn.

► **M. le Président.**- Neen, Dir hutt 15 Minutten. Dir sidd allerdéngs nach eng Kéier ageschriwwen.

► **M. Eugène Berger** (DP), *auteur.*- Jo, voilà! Dat heescht...

► **M. le Président.**- Mä Dir schwätzt elo als Auteur vun der Proposition de loi an do hutt Dir genau 15 Minutten.

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Da sees de de Rescht dann do.

► **M. Eugène Berger** (DP), *auteur.*- Här President, vu datt herno kee méi vun der Demokratescher Partei schwätzt, géif ech...

► **M. le Président.**- Jo. Da maacht lech awer elo lues awer sécher fäerdeg!

► **M. Eugène Berger** (DP), *auteur.*- ...datt ech da géif déi Zäit zesummeschloen. Ech soen lech villmools Merci fir d'Verständnis. Ech wäert och kucken, ënner 20 Minutten dann ze bleiven.

Ben, ech wëll net falsch verstane ginn. Ech wëll do op alle Fall... Also ech... Här President, wou war ech?

Jo. Also, ech wollt soen, datt se an der Schoul eng adequat Informatioun musse kréien, adequat Instruction civique, datt se musse mat den elementare Regele vun der Demokratie, wéi d'Chamber fonctionnéiert, wéi de Statsrot fonctionnéiert an esou weider, datt se dat solle kenneléieren. Mä och do virun allem solle se vermittelt kréien, sech adequat ze informéieren iwwer politesch Sujeten a sech domadder ausenanerzesetzen. Dat schéngt mer am wichtigsten, dat ze léieren, sech adequat a mat fräiem Geescht mat politesche Positiounen ausenanerzesetzen.

Mä och hei soen ech, déiselwecht Standarden, datt d'Leit solle gutt informéiert sinn, dat gëllt och fir déi 30-jähreg, déi 50-jähreg an egal wat fir eng.

Ben, en anert Argument ass dat, wat gären ervirbruecht gëtt, datt déi Jonk selwer net dat Recht afuerderen. Zu Lëtzebuerg si verschidde Jugendbewegungen, déi et afuerderen. D'Jugendparlament, déi si jo eigentlech representativ fir déi Jonk.

Wann een awer Ëmfroe mécht, dat muss een och kloer soen, da schéngt net eng kloer Majoritéit vun de Jonken dëst Recht anzekloen: Laut engem Sondage vum Jugendparlament hu sech bei 1.000 Schüler der 41% derfir ausgeschwat, 59 dergéint.

Wann ee sech awer méi detailléiert domadder ausenanersetzt, wann ee se freet, firwat, da gesäit een, datt déi Jonk virun allem fäerten, net optimal bis an de leschten Detail Bescheid ze wëssen an informéiert ze sinn. An ech muss soen, dës Retenue bei deene Jonke berout also op enger héijer politesch-deontologescher Fuerderung u sech selwer: Si huelen déi Saach mat der Politik ganz eescht! An ech fannen, dat sprécht eigentlech fir déi Jonk, well déi erwuesse Wieler stelle sech net ëmmer vläicht esou héich Uspréich, an do ass d'Informatioun vum Comptoirsdéich och emol gutt genuch.

Här President, wa mer Jonke Vertraue schenken an hinne vermittelen, datt se kënne verstänneg matbestëmmen an engem demokratesche Stat, da maache se dat wahrscheinlech och gären. D'Erfahrungen am Ausland weisen dat. Wou déi Jonk ab 16 Joer d'Wahlrecht hunn, weist - an Eisträich zum Beispill, wou et och e fakultativt Recht ass - wäit iwwer 50% vun deenen ënner 18 Joer, déi mat viele gaang sinn.

E leschte Punkt, Här President, da kommen ech och wierklech zum Schluss, deen an deem Kontext gären diskutéiert gëtt, ass deen, datt anscheinend d'Wahlrecht ab 16 Joer géif bestëmmte Parteien zeguttkommen, datt déi do kéinte besonnesche Profit dorauszeréien. Dat ass a mengen Ae ganz vill Spekulation a berout op kenge kloren Erhiewungen. Och hei kann ee sech op d'Ausland referéieren, wou ee gesäit, datt déi ganz jonk Wieler net fundamental d'Wahlen entscheeden oder eng Partei exklusiv vun deenen ënner 16 Joer gewielt gëtt.

Mä dach géif eppes vläicht a mengen Ae fundamental bei de Parteien insgesamt an der Politik änneren: Doduerch, datt mer déi Jonk ab 16 kéinte viele loossen, wieren d'Parteien alleguerten, alleguerten d'Parteien wieren da gefuerdert, déi Themen, déi déi Jonk betreffen, méi ze thematiséieren a seriö Solutiounen och deenen ze proposéieren, Solutiounen, mat

deenen déi Jonk also och kéinte liewen, déi dann net géifen op hir Käschte goen an net an hirem Interêt wieren. An ech mengen, datt wier eng Erausforderung da fir all d'Parteien, awer och e Plus an e Gewënn fir eng generatiouns-iwwergräifend Politik!

Här President, ech wier frou, wann deen een oder aneren Deputéierte géif sech déi Argumenter, déi ech elo virbruecht hunn, nach eng Kéier zu Häerz huelen, ier en herno wäert ofstëmmen, fir datt eng aner Situatioun vläicht erauskënnt wéi beim Vote zum Rapport an der Kommissioun.

Virun allem zielen ech och drop, dat deen een oder anere Majoritéitsdeputéierten, besonnesch bei der LSAP, dozou steet, wat se engem hanner virgehalener Hand soen, nämlech datt se eigentlech déi Proposition, déi Proposition de loi gutt fannen, datt se da mat engem positive Vote de Jugendlechen e Matsproocherecht an eiser Gesellschaft ginn, ganz am Sënn vun dem Communiqué vun de Jonkszialisten - méi Demokratie woen, an net deene Jonke weisen, wéi ee Politik net soll maachen, nämlech eng Meenung an eng Iwwerzeegung hunn a sech dann engem Fraktiounszwang ënnerwerfen an de Contraire stëmmen -, dat wier wierklech e schlecht Beispill an e falscht Signal fir déi Jonk!

Här President, egal wéi de Vote ausgeet, ech hoffen, datt - 15 Joer nodeems mer hei an der Chamber vun engem LSAP..., CSV/LSAP-Majoritéit schonn eng Kéier dat fakultatativ Wahlrecht fir Jonker ab 16 Joer refuséiert hunn oder gouf - et net nach eng Kéier 15 Joer dauert, bis datt mer endlech de Schrëtt a Richtung méi Demokratie a méi Matsproocherecht fir déi Jonk ënnerhuelen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Berger. Als éischte Riedner ass den Här Serge Wilmes agedroen. Här Wilmes, Dir hutt d'Wuert.

**Discussion générale**

► **M. Serge Wilmes** (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'Éischt dem Här Paul-Henri Meyers Merci soe fir säi gewinnt prezisen an differenziéiert Rapport, dee kloer argumentéiert, wéisou datt d'Majoritéit vun der Institutiounskommissioun, wéi och de Statsrot an d'Regierung, zu deemem Zäitpunkt der Meinung ass, datt een de Wahlalter net soll op 16 Joer erofsetzen.

Elo kann een dës Positioun ganz séier als eng bewäerten, déi géint déi Jonk gedréit wär, déi déi Jonk net géif seriö huelen, déi net gär wéilt, dass se géife matschwätzen a matbestëmmen sollen.

Allerdéngs wär awer esou eng Konklusioun net nëmmen net éierlech, mä schlimmer nach, et géif een zouginn, datt een déi Avisen, déi déi eenzel Institutiounen heizou gemaach hunn, net gelies huet. Well wann ech nämlech genee liesen, wat dosteet, da stellen ech fest, datt keng vun deenen dräi Institutionen a Fro stellt, datt et Jonker gëtt, déi sech scho ganz fréi fir Politik interesséieren an doduerch och fäeg sinn, fir kënne matzebestëmmen.

A keng vun deenen dräi Institutionen stäipt sech dergéint, datt nach méi, jo, datt esou vill wéi méiglech Jonker sollen aktiv um politesche Liewen deelhuelen. Si ginn ebe just allgemeng a juristesche fondéiert Iwwerleeunge mat op de Wee, fir ze rechtfertegen, wéisou datt et, hiner Meenung no, haut - an ech betounen: haut - nach net opportun ass, fir iwwert dat weidert Erofsetze vum Wahlalter nozedenken.

Si ënnerstëtzt par contre awer eng breet Diskussioun doriwwer, an zwar hei an der Chamber, an dären Hänn et eleng läit, fir eng Décisioun iwwert de Wahlalter ze huelen. Duerfir féiere mer jo och haut déi Debatt, an dat ass eng ganz gutt Initiativ, well effektiv allze dacks déi Jonk net genuch am Zentrum vun eise Interesse stinn. Eleng aus deemem Grond also begréisst eis Fraktioun et, datt mer haut oppen a kontrovers iwwer esou e fundamental wichtegt Thema wéi d'Participatioun vun engem gréisstméiglechen Deel vun der Gesellschaft diskutéieren.

Well allze dacks liesen an héieren ech, datt déi Jonk sech net méi genuch géife fir Politik interesséieren, datt et, wéi et esou schéin op Däitsch heescht, eng Politikverdrossenheit géif ginn; op Lëtzebuergesch géife mer soen dofir, datt déi Jonk keng Loscht hunn, fir sech politesch ze engagéieren. A wéi engem Grad datt déi Behauptung stëmmt, dat ass schwéier ze kontrolléieren, well et ëmmer an all Altersgrupp där enger an där anerer gëtt a well och, an dat huet den Här Berger jo gesot gehat als Beispill, zum Beispill am Kader vun der geplanter Reform vum Secondaire eng sëlliche Jonker gewisen hätten, datt se sech fir politesch Sujeten interesséiere kënnen.

Gläichzäiteg stellt een awer en anert Phänomen fest an eiser Gesellschaft, an zwar, datt se

sech an eng Richtung verännert huet, wou se ëmmer méi, souwuel deene Jonke wéi och deenen Erwuessenen, d'Méiglechkeete gëtt, fir kënnen hir Fräizäit op déi verschiddenst Aart a Weisen ze gestalten, an datt e fräiwëllegt, e regelméisseg Engagement iwwer eng länger Zäit ewech ëmmer méi rar gëtt, sief dat elo op dem sozialen, dem kulturellen oder dem politeschen oder sportlechen Niveau. Ech mengen, do kann all Veräin, all Vereenegung an och all Partei e Lidd dovunner sängen.

Mä trotz dëser Entwécklung awer geheien déi meeschten, déi nach engagéiert sinn, net einfach esou d'Bengele bei d'Tromm, mä si versiche fir nei Weeër ze goen, fir och deene verännerten Erwaardungen a Besoin vum eise Matbierger gerecht ze ginn an nach méi erëm vun hinnen och dozou ze bewegen, fir sech am Sënn vun der Allgemengheet ze engagéieren.

An déiselwecht Fro, déi stelle mir eis haut als Politiker jo besonnesch am Kader vun der Motivatioun a vun dem Interesse fir déi Jonk, fir sech éischstens eben derfir nach weider ze interesséieren, an zweetens fir an onser Demokratie eng aktiv Roll ze spillen, net se just passiv ze erdroen. Dës Fro ass also ouni Zweifel keng einfach, och, well et hei keng Patentléisung gëtt, mä et gëtt ganz sécher ënnerschiddlech Äntwerten, déi méiglech sinn.

Eng vun deenen Äntwerten, dat ass déi vum Auteur vun deenen zwee Gesetzesvirschlëi, déi haut op der Dagesuerdnung stinn, well dem Här Berger no, do kréie mer déi Jonk nees méi fir d'Politik interesséiert, wa se méi fréi wéi bis elo däerfe bei de Wahlen matmaachen, an an deem Sënn solle mer als Chamber ganz einfach de Wahlalter vun 18 op 16 Joer erofsetzen.

A senger Motivatioun zu dëse Gesetzesvirschlëi gëtt den Auteur dann och eng ganz Rei vu Grënn un, en huet se elo grad hei opgezielt, an ech géif gar emol och op e puer vun deene Grënn nach eng Kéier agoen, méi am Detail.

Esou zum Beispill, datt de Wahlalter nach ni eppes Definitives war, mä am Laf vun der Geschicht ëmmer erëm no ënnen, meeschtens, ugepasst ginn ass. Dat ass effektiv eng historesch Tatsaach, déi mer net kënne verleegnen.

Dann ënnersträicht en, datt e Jonke vu 16 Joer schonn zënter enger Rei Jore ganz legal eng Partie Saachen dierf maachen, wéi zum Beispill schaffe goen oder d'Demande maache fir de Führerschäin. An och dat kann een net a Fro stellen, well dat steet effektiv esou an eise Gesetzter dran.

Weider seet hien, datt an anere Länner, wéi zum Beispill dat bekanntste Beispill Eisträich, de Wahlalter op 16 Joer festgesat ginn ass, an datt déi meeschte Jugendparteien an och d'Jugendparlament hei zu Lëtzebuerg sech derfir asetzen. Alt nees eng Wierklechkeet, déi net a Fro ka gestallt ginn.

Doriwwer eraus schreift dann den Auteur - an huet en och hei gesot nach eng Kéier - vun de Propositions de loi, datt ëmmer méi politesch Décisiounen an Diskussiounen déi Jonk betreffen. An och dat ass richtig, wann een un Themen denkt wéi de Chômage, d'Wunnungspräisser, d'Reform vum Pensiouns- a vum Schoulsystem.

An engems froen ech mech dann awer trotzdem bei deemem Punkt, ob een dann op eemol mat 18 Joer par rapport zu engem vu 16 ural ginn ass. Ass dann ee vun 18 Joer net méi en Deel vun der jonker Generatioun? Leien do op eemol Welten dertëschent? Et deet mer leed, mä och ech gesi mech nach als jéngsten Deputéierte mat mengen 29 Joer als Deel vun där jonker Generatioun a versichen heibanen eben och d'Stëmm vun hinnen ze vertrieben.

Zu gudder Lescht kënn dann, fir mech jiddefalls emol, dem Här Berger säin Haaptargument en faveur vun engem Erofsetze vum Wahlalter, an zwar, datt déi Jonk hautdësdags duerch déi nei Medië vill besser géifen iwwer Politik Bescheid wëssen.

► **M. Eugène Berger** (DP), *auteur.*- Dat ass net d'Haaptargument.

► **M. Serge Wilmes** (CSV).- Fir mech ass dat sécherlech eent vun den Haaptargumenter an Ärer Diskussioun an ech wéilt gären nach eng Kéier dorobber agoen.

► **M. Eugène Berger** (DP), *auteur.*- Et geet ëm...

► **M. Serge Wilmes** (CSV).- Dat ass eben eng Interpretationsdifferenz. Fir mech ass dat sécherlech eent vun den Haaptargumenter an Ärer Diskussioun an ech wéilt gären nach eng Kéier dorobber agoen...

► **M. Eugène Berger** (DP), *auteur.*- Et geet ëm...

► **M. Serge Wilmes** (CSV).- Dat ass eben eng Interpretationsdifferenz...





► **M. Eugène Berger** (DP), *auteur*.- Et geet ëm d'Matsproocherecht fir déi Jonk, dat ass mäin Haaptargument.

► **M. Serge Wilmes** (CSV).- Matsproocherecht an Informatiounen, well Dir sot jo, Dir erkläert dat jo, si wären haut besser informéiert wéi an der Vergaangenheet. Also wäre se, ergo wäre se absolut fäeg, fir kënnen matzebestëmmen. An duerfir léisst hien och dat Argument net gëllen, datt Jonker an deem Alter nach net genuch iwwer Politik Bescheed wëssen, well et, d'autant plus, och géif Erwuessener ginn - hu mer jo elo grad héieren -, déi och net géife gutt Bescheed wëssen. Dir hutt Är eege Mamm hei zitiiert gehat, fir dat ze ënnerleeën.

► **M. Eugène Berger** (DP), *auteur*.- Jo, dat war einfach e Beispill, fir...

► **M. Serge Wilmes** (CSV).- Jo, fir dat ze ënnerleeën. Op dësem Punkt awer, trotzdem, muss ech lech soen, Här Berger, do ginn d'Meenungen allerdéngs wäit ausernee, well op där enger Säit hu mer ganz sécher eng sëllege Jonker, déi weisen, datt se an deem Alter, scho ganz fréi - ech kennen der perséinlech vill bei eis an der Partei -, absolut fäeg sinn, fir kënnen matzeschwätzen an dee Moment och kënnen matzebestëmmen.

Mä op där anerer Säit héiere mer awer zënter enger Rei vu Joren d'Enseignanten an ëmmer méi Patronë kloen, datt déi Jonk net méi genuch Allgemengbildung hunn oder iwwerhaupt guer keng Allgemengbildung méi hunn, an datt dowéinst grad an der Schoul misst erëm méi Wäert drop geluecht ginn. An duerfir roden ech also ganz kloer...

► **M. Eugène Berger** (DP), *auteur*.- Muss een d'Uni hunn, fir kënnen wielen ze goen?

► **M. Serge Wilmes** (CSV).- Neen, mir schwätzen hei vun Allgemengbildung. An duerfir roden ech ganz kloer, datt mer hei net solle generaliséieren, well et gëtt der vun där enger a vun där anerer Zort, Här Berger.

An trotzdem ass et awer emol eng Kéier interessant, wa mer Abstraktioun dovunner maaichen, fir emol ze kucken, wat déi éischt Betrafen da vun esou engem Erofsetze vum Wahlalter soen, nämlech déi Jonk selwer. Huele mer dofir emol d'Meenung vun deem Organ, wat representativ ass fir déi Jonk hei zu Lëtzebuerg, an dat ass d'Jugendparlament.

Dat ass e Parlament, wou Jonker vun, ech rappelëieren, 14 bis 28 Joer setzen, an dat vertrëtt a senger Resolutioun - déi och schonn an d'Diskussioun komm ass hei um Pult - zum Wahlrecht mat 16 Joer ënner anerem d'Meenung, datt een éischter am Lycée mat Civiques-Coursen ufänke misst an datt een och misst an de Sproochefächer iwwer Aktualitéitsujete schwätzen, fir datt d'Schüler eng Allgemengbildung kréien, léieren Hypotheesen ze variéieren, hir Wierder ze moossen, ze analyséieren an ze hanerfroen. Well nëmmen esou wier nämlech garantéiert, an ech zitiiere: «Les jeunes seront mieux instruits dans les affaires politiques que la génération précédente.»

D'Jugendparlament seet hei also ganz kloer, datt deene meeschte Jonken hir Allgemengbildung net genuch ass, net gutt genuch ass, an datt Efforté gemaach musse ginn, fir datt dat sech an der Zukunft och ännert. A mat där Positioun widdersprécht et also ganz kloer dem Auteur vum Gesetzesvorschlag, deen hei anerer Meenung ass.

Domat nach net genuch, well d'Jugendparlament setzt sech derfir an, datt zwar Jonker mat 16 Joer solle wéile goen, mä mécht awer an engems eng ganz realistesch a lucide Aschätzung och vun der Demande vun deene Jonken, fir an deem jonken Alter scho kënnen wielen ze goen.

Sou betount de President vum Jugendparlament an engem Zeitungsinterview vum leschten Hierscht, datt et net eleng un der Chamber géif leien, datt weineg Bewegung géif an deen Dossier kommen, mä datt virun allem den Interessi vun de Lycéesschüler ganz limitéiert wier. Dat wier eng Wourecht, déi batter ass fir ze akzeptéieren, mä déi d'Membre vum Jugendparlament awer selwer festgestallt hunn, wéi se den Tour gemaach hunn duerch d'Lycéeën an duerch d'Jugendhaiser, wou se vill Jonker getraff hunn.

A sengem Interview vum leschten November seet dann de President vum Jugendparlament, an ech zitiiere nees: «Les jeunes refusent une obligation de vote à partir de 16 ans parce qu'ils ne se sentent pas assez informés. Le droit de vote facultatif les intéresse plus, mais également à condition qu'ils soient mieux informés.»

Här President, dat ass d'Stëmm vun deene Jonken, an et ass fir mech ganz kloer, wat déi Jonk hei wëllen, nämlech si sinn net haut elo derfir, fir de Wahlalter, ob elo fakultativ oder obligatoresch, erofzesetzen, mä si spiere sech net gutt

genuch informéiert. An duerfir ass hir Revendication un eis als Politik fir mech geneesou kloer an evident, nämlech datt mer méi musse maachen, fir datt se emol fir d'Éischt gutt informéiert sinn an datt se net nëmme kënnen matbestëmmen, mä och matschwätzen.

Fir dës éierlech a selbstkritesch Aschätzung kann een déi Jonk nëmme luewen, well dat ass fir eis dee richtege Wee, dee mer goe sollen. An dat ass eng ganz aner Approche a virun allem eng Approche, déi komplett mat de Gesetzesvirschléi vum Här Berger...

► **Une voix**.- ...wat déi mat dem Alter ze dinn hunn?

► **M. Serge Wilmes** (CSV).- Well do geet nämlech keng eenzeg Kéier Rieds vu politescher Bildung, wou dat grad dee wichtigste Volet ass, fir deene Jonken et ze erlaben, um politesche Liewen deelzehuelen. Eng besser, eng méi fréi politesch Kultur ass eng fundamental Etapp, fir kënnen op de Wee ze goe vun engem Erofsetze vum Wahlalter.

Derbäi kënnt, datt fir mech den Auteur vun dëse Gesetzesvirschléi och nach en Denkfeeler mécht, nämlech déi politesch Participatioun eenzeg an eleng op d'Wahle reduzéiert. Ouni Zweifel, Wahle sinn e wichtige Pilier vun eise Demokratie. Mä zu enger lieweger Demokratie, Här Berger, gehéieren net eleng nëmmen d'Wahlen, mä och dee ganze Prozess, deen dozou féiert, dat heescht, och dat, wat mer grad amgaang sinn hei ze maachen, nämlech déi...

► **Une voix**.- Elo sidd Der schonns zu zwee!

► **M. Serge Wilmes** (CSV).- ...nämlech déi politesch...

► **Une voix**.- Zwee Jonker hu sech do fonnt.

(Hilarité)

► **M. le Président**.- Ech géif lech bieden, dem Här Wilmes andächtig nozelauschten! Et ka jiddwereen herno Stellung huelen och zu deem, wat den Här Wilmes seet.

(Interruptions)

► **Une voix**.- Et ass dat, wat zu deene Remarque féiert!

► **M. Serge Wilmes** (CSV).- Also gehéiert och fir eis dozou déi ganz politesch Aarbecht, déi zu Ofstëmmungen a Wahle gehéiert, nämlech déi politesch Diskussioun an d'Debatten, déi mer hei amgaang sinn och ze maachen.

Et geet also net eleng duer, fir dat op d'Wahlen ze reduzéieren, mä et muss een et op déi politesch Diskussiounen an Aarbechten, déi tëschent de Wahle stattfannen, auswäiten. A wa mer eis dann déi Approche zu Häerz huelen, da kritt déi ganz Debatt, déi mer hei féieren, nämlech eng ganz aner Nuss.

Well an deem Kontext ass et dann nämlech net domat geden, fir iwwert d'Erofsetze vum Wahlalter ze schwätzen, a virun allem net, datt een domadder ufänkt, mä an deem Zeenario ass d'Erofsetze vum Wahlalter éischter als Schlusstapp vun engem Prozess ze gesinn! An elo ass et un ons als Politik, eis emol seriö Gedanken doriwwer ze maachen, wat fir eng konkret Mesuren a Mëttele mir deene Jonken dann zur Verfügung stellen, fir datt se dat och kënnen maachen, also matdiskutéieren a matdebattéieren.

Elo kann een natierlech, wéi den Här Berger dat gemaach huet virdrun, eis entgéinthalen, datt et jo och géif Erwuessener ginn, déi net genuch informéiert sinn, an datt do och kee sech géif doru stéieren, datt dat d'Realitéit wier, an datt een dofir och kéint deene Jonken datselwecht Recht direkt ginn. Bon, ech kann zwar nëmme fir mäin Deel soen, datt mech dat stéiert, wann et nach Erwuessener gëtt, déi do net genuch iwwer eist politescht Liewe Bescheed wëssen.

Mä dat ass awer op där anerer Säit keng Excuse, fir trotzdem dee Feeler nach eng Kéier ze répercutéieren op déi nächst Generatiounen! Dat soll dach grad eng Motivatioun sinn, fir ze soen: Da kommt, mir verhéinneren, datt et an Zukunft nach Generatiounen ginn, déi net géife Bescheed wëssen iwwert d'politescht Liewen an déi Sujeten, déi hei zu Lëtzebuerg aktuell sinn! An duerfir ass et u sech eis Pflicht, als Politiker derfir ze suergen, an duerfir musse mer als Alleréischte op deem dote Chantier ufänken an net d'Päerd vun hannen erop opsuedelen!

(Interruption)

Wat kënnen mer dann elo konkret als Politik hei maachen, wa mer an deem doten Zeenario sinn, well dat ass jo dann déi entscheidend Fro.

Mä mir sinn der Meenung als CSV, datt mer fir d'Éischt emol derfir suerge mussen, datt d'Politik dann och eng vill méi grouss Plaz an der Schoul kritt, well momentan ass dat haapt-

sächlech präsent a Form vun Instruction civique oder Connaissance du monde contemporain an de leschten zwee Jore vun engem Enseignement secondaire.

Wa mer awer gären hätten, datt sech bei deene Jonken eng richteg politesch Kultur entwéckelt, an dat méi fréi wéi bis elo, da geet et net duer, datt mer just déi Civiques-Coursen do reforméieren an opwäerten, mä da brauch eis Schoul och schonn op deene méi niddrege Klassen een interaktiven, interdisziplinären a parteipolitesch neutrale Cours, an deem déi Kompetenzen, déi déi Jonk brauchen herno - net nëmmen am politeschen, mä och am beruffleche Liewen, wéi zum Beispill kontrovers diskutéieren, argumentéieren an debattéieren -, kënnen ënnerstëtzt ginn.

Eng besser politesch Bildung an der Schoul geet awer laang net duer, mä et mussen och innovativ Plattformen, wou déi Jonk sech treffen an zesummen iwwer Politik schwätze kënnen, weider ënnerstëtzt ginn. An esou eng Plattform, déi existéiert jo schonn hautdësdays, nämlech mat dem Jugendparlament, dat virun dräi Joer an d'Liewe geruff ginn ass an dat bis elo och eng exzellent Aarbecht gemaach huet. Dat wëll ech och eng Kéier hei ganz kloer betounen.

Dat war eng richteg a wichteg Initiativ, déi d'CSV an d'CSJ vun Ufank un och ënnerstëtzt hunn a gehollef hunn op d'Schinnen ze setzen. Hei diskutéiere ronn honnert Jonker iwwer aktuell politesch Sujeten, déi bilde sech do eng Meenung a ginn déi Form dann och... hir Meenung a Form vu Resolutiounen weider un eis, un d'Chamber.

Mä trotzdem, wa mer hei Jonker hu vun deene verschiddensten Altersgruppen, esou hu si awer selwer festgestallt, datt een deene ganz jonke Memberen eppes méi nach muss bidden. Duerfir hu si hiert Konzept am Hierscht geännert a si hu virun allem och e ganz groussen Deel vu politescher Bildung - och fir ze léieren, wéi ee Rieden hält, wéi een argumentéiert - mat agebaut. Dat huet eben d'lescht Joer ugefaangen an duerfir kann ee se och weider nëmme félicitéieren.

Dat ass genau dat, op dee Wee, wou ee muss goen, an et stäipt och eis Argumentatioun, datt mer eben d'Erofsetze vum Wahlalter sollen an Etappe gesinn. Well esou oder esou awer ass et fir eis wichteg als Chamber, datt mer si weider ënnerstëtzen an hirer Aarbecht, datt mer se regelméisseg an eis Kommissiounen alueden, datt mir Resolutiounen hei och behandelen an datt mer och bei si op d'Plaz ginn, fir kënnen mat hinnen ze schwätzen...

(Interruption)

Well nëmmen esou fille sech déi Jonk, Madame Loschetter, eescht geholl an et kann een eng richteg...

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng).- Sidd Der sécher? Sidd Der do sécher?

► **M. Serge Wilmes** (CSV).- Am Exposé des motifs vu senger Gesetzesvirschléi schreift den Här Berger jo, datt déi Jonk déi nei Kommunikatiounstechnologien benotzen, fir sech ze informéieren...

► **Une voix**.- Wéi een Alen huet dat geschriwwen?

► **M. Serge Wilmes** (CSV).- Dat ass richteg. Si wuessen haut domadder op an notzen dat an hirem Alldag, mä dat heescht dann och fir eis als Politik, datt mir och musse méi op dee Wee goen, déi Moyenen do ze benotzen a Form vu Videosequenzen, Videochatten, Foren. Do ass eng Hällewull vu Mesuren a vu Moyenen, déi et do gëtt.

Trotzdem ass et wichteg, datt mer dat an enger politescher klorer Sprooch maachen, well et jo awer ëm komplex Sujete geet, déi een do wëllt vermëttelen deene Jonken, mä et soll gemaach gi vun all de Parteien, well mer soss definitiv och wäerten eng Partie vun deene Jonken do um Wee verléieren.

Informéieren, kommunizéieren a forméieren ginn allerdéngs net duer, well e wichtegt, wann net souguer en décisivt Element, fir déi Jonk méi fir Politik begeeschtert ze kréien, datt ass d'Bild, wat d'Politik vu sech ofgëtt. An hei geet et net nëmmen drëms, datt mer eis méi fir déi Jonk interesséieren an datt mer riicht an eiser Aarbecht dostinn, mä et geet virun allem drëms, datt mer kucken, datt mer méi Jonker och an déi aktiv Politik kréien, well dat huet nämlech, e ganz positivt Bild, haaptäschlech dee gréissten Afloss op déi Jonk.

Dat mieren och ëmmer ganz gutt, wann ech selwer mat Jonken eben zesummekommen, well dann déi Jonk ëmmer ganz erstaunt sinn, datt et och Jonker gëtt, déi am Parlament schaffen, déi an de Parteien aktiv sinn oder déi an de Gemengereit setzen. An dat huet fir si op eemol e ganz grouse Changement op d'Bild vun der Politik, wat mer hinnen da vermëttelen, well dann op

eemol gëtt hiren Interessi vill méi grouss, well se gesinn, datt och Jonker do aktiv sinn.

Duerfir sinn och hei eben déi eenzel Parteie gefuerdert, fir an hire Strukturen Jonker ze ënnerstëtzen, fir se ze forméieren, fir ze kucken, datt se bei Wahle kënnen matmaachen an och eng Kéier d'Chance kënnen kréien, fir enges Dags gewielt ze ginn. Wéi déi Parteien dat maachen, dat ass selbstverständlech hinne selwer iwwerlooss, mä Haaptsaach et gëtt gemaach!

An engems gëtt et awer eppes, wat mer, menger Meenung no, zesummen als Parteie maache kënnen, an dat wär ons nämlech derfir emol staarkmaachen, datt d'Politik och an der Schoul méi eng grouss Plaz kritt - hunn ech viru gesot -, mä virun allem och, datt déi Jonk, déi politesch aktiv sinn, kënnen an d'Schoul goen, zesumme selbstverständlech, well soss ass déi Partei, déi neutral Unitéit vun der Politik net garantéiert, mä datt mer zesumme kënnen als Jonker, déi aktiv sinn, eran an d'Schoule goen. Well do ass et, wou déi Jonk sinn, do kann ee se treffen. An dat ass bis elo net méiglech, ausser an engem Wahljoer, wou een dann eng Plattform kritt iwwert d'CGJL, wou een zesummen als jonk Parteie kann dohinnergoo mat hinne schwätzen.

Mä mir missten awer do och e Konzept fannen, wou ee kann eng Kéier am Joer vläicht eng Table ronde, all zesummen d'Jugendparteien, an de Schoule kann organiséieren, well do si se, do si mer...

(Hilarité)

► **Une voix**.- Ech mengen, da gi se direkt viru laut eemol am Joer...

► **M. Serge Wilmes** (CSV).- ...do kënnen mer mat hinnen diskutéieren a mat hinnen a Kontakt kommen. Dat ass e ganz wichtige Facteur, wann ee gär wëllt mat deene Jonken och iwwer Politik, also se derfir wëllt begeeschteren.

► **Une voix**.- Eemol am Joer, wann et net ze waarm ass.

► **M. Serge Wilmes** (CSV).- Dat entsprécht nämlech ganz einfach och dem Charakter vun eiser Demokratie, déi nun emol mat der Ausenansetzung vun den Iddië leeft, an dat muss een och kënnen mat deene Jonke sur place maachen.

Här President, dat sinn e puer konkret Virschléi. D'Madame Loschetter mengt, et wäeren der ze vill. Ech fannen, dat sinn der net ze vill, dat sinn der grad genuch, fir déi Jonk fir Politik ze interesséieren. Ech hu bis elo nach keng aner héiere gehat heibannen. Duerfir meng Meenung, datt se net ze vill hei sinn, mä et sinn der awer, iwwert déi mer selbstverständlech sollen diskutéieren an déi och musse verdéift ginn. Mir verschléissen eis do kenger Diskussioun.

Mä op jidde Fall sti se awer fir de Wee, dee mir als CSV gären deene Jonke wëllen ubidden, fir datt se och kënnen e festen Deel vun eiser partizipativer Demokratie ginn. Ee Wee, dee se an Etappe solle goen an dee se Schrëtt fir Schrëtt dann och soll un hiert Zil féieren. Aneschtens wéi déi zwee Gesetzesvirschléi, wou nach net... datt déi Jonk just matbestëmmen sollen. Dat kann een zwar maachen, mä dann huet een eiser Meenung no nach guer näischt erreecht. Well eng lieweg Demokratie zeechent sech nämlech duoderjer aus - wéi ech viru gesot hunn, wann Der nogelauschert hutt -, datt et virun allem eng Kultur vun der Debatt an dem Dialog soll sinn.

An duerfir, loosst eis dorunner schaffen, datt déi Jonk déi Kultur och kënnen kréien! An eréischt dann hu mer, wa mer déi néideg Rumm dofir geschaf hunn, och wierklech eppes erreecht, jo ons Pflicht vis-à-vis vun deene Jonken an der Demokratie erfëllt, nämlech, datt déi Jonk och matschwätze kënnen!

A wa mer do ukomm sinn, da solle mer hinnen och kënnen d'Recht an d'Pflicht ginn, fir méi fréi wéi bis elo wielen ze goen. Dat ass op jidde Fall dee Wee, dee meng Partei virschléit, fir dat an Etappen ze maachen. Mir wäer frou, wann déi aner Parteie sech och géifen derfir asetzen, datt déi Jonk net nëmme matbestëmmen sollen, mä matschwätze kënnen. Duerfir kann d'CSV och déi Gesetzesvirschléi, wéi se am Moment doleien, net stëmmen.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix**.- Wann dat déi Jonk an der CSV sinn, dann...

► **M. le Président**.- Merci dem Här Wilmes. Als nächste Riedner ass den Här Bodry agedroen. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

► **Une voix**.- Elo kënnt e Jonken, Här Wilmes. Dat huet näischt mam Alter ze dinn!





► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, ech hat mer eigentlech erhofft, mir géifen déi Diskussioun hei e bësse méi um Fong féieren an et géif hei net déi Tribün benotzt ginn, fir parteipolitesch Ofrechnungen ze maachen, well ech mengen, dass et e Sujet ass, deen et derwäert ass, dass breet driwwer diskutéiert gëtt, dee villes hiergëtt, an deen ech och gäre géif an ee méi breede Kontext erasetze vun enger neier Definitioum vum Wahlrecht.

Hei gëtt een Element erausgebrach, dat ass dat vun deene 16- a 17-Jähregen, wéi wann dat de Schlëssel wär zu méi Demokratie hei zu Lëtzebuerg. An ech mengen awer, dass, wa mer wëllen hei virukommen, wa mer déi berechtegt Fro ugin, wéi mer wëllen eis Demokratie méi lieweg maachen, wéi mer d'Matbestëmmungsrecht insgesamt an allen Domäne wëllen eropsetzen, da mussen mer déi heite Fro behandelen, müssen dat awer och zesumme mat ganz anere Froe behandelen, déi guer net ugeschwat sinn. Ech mengen och, dass dat heiten Thema sech weéng zu parteipoliteschem Geplänkel eegent.

Wann ech esou kucken, wat d'Positioun vun den eenzelne Parteien iwwert déi lescht 15 Joer war, do kucken ech awer jiddwereen un...

#### (Interruption)

Guer net!

#### (Hilarité)

Dir hutt... Guer net! Also, wann Dir et esou dohinnerleet, da ginn ech dat gär ze maachen.

► **Une voix**.- ...eis war ëmmer konsequent. Ech hunn dat...

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Den Här Berger huet deemools net nëmmen am Numm vu senger Partei, dat war...

► **Une voix**.- Dach, dach.

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Den Här Berger huet...

#### (Interruptions)

► **Une voix**.- Dach, Dir kënnt dat noliesen.

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Dann erkläert mer eppes. Den Här Berger huet, Mëtt der 90er Jore war et...

► **M. Eugène Berger** (DP), *auteur*.- '96.

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- '96 huet hien eng Proposition de loi erabruecht...

► **M. Xavier Bettel** (DP).- '96 erabruecht! Dass déi 2012...

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- D'DP war vun 1999 bis 2004 an der Regierung. Am Joer 2003 huet dëst Parlament en neit Wahlgesetz gestëmmt. Eist Wahlgesetz ass vun 2003! Erënnert Dir lech u grouss Diskussiounen hei iwwert d'Erofsetze vum Wahlrecht vun 18 op 16 Joer? Erënnert Dir lech un eng Ried vun engem DP-Vertrieeder hei zu där doter Fro? Also, wann ech gelift!

► **M. Eugène Berger** (DP), *auteur*.- Wat deemools an der Chamber gesot ginn ass...

#### (Interruptions diverses)

► **M. le Président**.- Ech bieden lech, dem Här Bodry nozelauschteren!

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Hei sollt jiddwereen, wann ech gelift, sech emol eng kéier ferm an de Spigel kucken, kucken, wat déi lescht 15 Joer war, an dann, mengen ech, da géif eng nei Bescheidenheet hei an d'Interventioun kommen.

► **M. Xavier Bettel** (DP).- An da kéint Dir lech sëtze goen.

► **Une voix**.- Da kuckt Dir emol, wat haut ass a wéi Der haut stëmmt a wou d'LSAP haut steet.

#### (Interruptions diverses)

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Erlaabt mer Folgendes ze soen: Och an eiser Partei sinn et zu där doter Fro kontrovers Diskussiounen ginn, gëtt et se nach haut. Ech wëll lech just soen, dass an eisem Wahlprogramm vun 2009 - et ass jo deen awer elo, géif ech mengen, deen ausschlaggebend ass - sech keng Majoritéit op engem Kongress bei eiser Partei fonnt huet, fir an de Wahlprogramm ze schreiwen, den Alter soll vun 18 op 16 Joer erofgesat ginn.

► **M. Claude Meisch** (DP).- lech ass de Courage schonn ausgang virun de Wahlen!

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Dont acte! Ech stellen dat fest. Ech weess awer och, wéi gesot, dass déi aner Parteien, déi haut elo déck Bake

maachen, ganz, ganz kleng waren, onsichtbar waren, wéi hei iwwer essenziell Froen, wéi d'Wahlgesetz 2003 hei diskutéiert ginn ass, du war dat fir si keen Thema méi.

#### (Interruptions diverses)

A ganz éierlech, an der Commission des Institutions, wéi mer iwwert d'Wahlrecht diskutéiert hunn, kann ech mech net u gréisser an intensiv Diskussiounen erënneren, dass ee formal den Antrag gestallt hätt, vun 18 op 16 Joer erofzegoen, wéi et iwwert d'Constitutiuon hiergaangen ass. Dat sinn eréischt zwee Joer hier, wou mer déi Debatten haben! Also, wann ech gelift, loosse mer roueg hei diskutéieren a loosse mer dat topecht Parteipolitescht hei erausloossen, well dat bréngt kengem eppes. Mir wëllen...

► **Une voix**.- Wat hutt Dir dann elo déi lescht zéng Minutte gemaach?

#### (Interruptions diverses)

► **Une autre voix**.- Et huet nach kee méi Parteipolitik gemaach wéi Dir hei! Da kommt awer elo emol zum Fong!

► **M. le Président**.- Ech bieden lech, dem Här Bodry nozelauschteren! Et ka jiddwereen herno nach eng kéier Stellung huelen.

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Ech kann awer net all Topechkeet hinhalen, déi hei verzielt ginn ass!

#### (Hilarité)

► **Une voix**.- Dir setzt der nach drop, oder wéi?

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Ech wollt emol de Punkt setzen a vläicht emol verschidde Leit den eegene Spigel virhalen, da gesi se vläicht...

► **M. le Président**.- Erlaabt Der, Här Bodry, den Här Berger géif lech gären eng Fro stellen.

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Selbstverständlech!

► **M. Eugène Berger** (DP), *auteur*.- Ech wollt den Här Bodry froen, ob hie weess respektiv nogelies huet d'Debatte vun 2003? Do ass vum Spriecher vun der Demokratescher Partei meng Proposition de loi nach erwähnt ginn an déi ass och deemools net vun der Regierung zrëckgezu ginn, mä et ass gesot ginn, datt spéider nach eng kéier géif driwwer diskutéiert ginn. Sécherlech hu mer deemools keng Majoritéit fonnt, mä et ass net d'Demokratesch Partei, déi deemools déi Proposition de loi verneint huet.

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Dir hutt also keen Amendement zu deem Text erabruecht sengerzäit?

► **M. Claude Meisch** (DP).- An et huet ee jo virdrun héieren, u wien et louch!

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Jiddweree mécht sech seng Meinung doriwwer. Ech mengen, hei geet et drëm, dass mer virukommen. Wëst Der, wann een deem aneren andauernd virwerft, wien elo méi fir d'Jugend ass, wie manner fir d'Jugend ass. Ech soen, et ass awer eng relativ limitéiert Vue vun der Fro, wann ee wëllt d'Parteien astufen: fir d'Jugend, géint d'Jugend, ob se derfir sinn oder dergéint sinn, fir d'Wahlrecht vun 18 op 16 Joer erofzesetzen.

Dir hutt selwer gesot, an dat ass och nach bestätegt gi vun deene Leit, déi - vun der ASTI zum Beispill - eng grouss Campagne bei de leschten Europawahlen gemaach hunn an de Schoulen, wou ganz kloer gesot ginn ass, an dee Message ass un all d'Parteien gaang, dass si eigentlech erfëiert gewiescht wieren, dass grad déi Jonk en fait selwer net fir d'Erofsetze vum Alter fir d'Wahlrecht sinn.

Dat ass awer eng legitim Fuerderung, mengen ech, vun de Jugendorganisationen. An ech schléissen och net aus, dass bei eis d'Diskussioun och weidergeet an deem dote Punkt an dass am Kader vun enger neier Definitioum vum Wahlrecht och eis Partei sech wäert bei deenen nächste Wahlen an hirem Wahlprogramm kloer ausschwätze fir d'Erofsetze vun deem Wahlalter vun 18 op 16 Joer.

► **Plusieurs voix**.- Ooohhh! Aaahhh!

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Ech wëll alledéngs soen...

#### (Interruptions)

Ech wëll éischtens emol soen, dass ausser Eisträich net ee Land an der Europäescher Unioun dat doten huet. Bon, also leien déi aner 26, déi leien total dernieft! Do si Regierungen dran a Majoritéiten dran, do si Konservativer dran, do si Sozialdemokraten, et si Grénger dran, all méiglech fënnt een an deem Ganzen zrëck.

Hei ze soen, et géif eng Wourecht ginn op där enger Säit an eng Onwourecht op där anerer Säit, ass, mengen ech, alles och...

► **M. Eugène Berger** (DP), *auteur*.- ...an deene sozialistesche Bundesländer...

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- ...eng Vereinfachung, déi mer an där heiter Diskussioun och an dësem Parlament net brauchen. Loosse mer dat einfach zur Kenntnis huelen! Loosse mer och zur Kenntnis huelen - d'Madame Brasseur huet dat nach bestätegt an der Kommissioun -, dass eng Resolutioun am Conseil de l'Europe gestëmmt ginn ass, déi net verlaangt, dass d'Länner sollten d'Wahlrecht erofsetzen, déi als Éischt verlaangt... An dat ass, mengen ech, dee Punkt, wou mer alleguerte sollten usetzen, jiddwereen do, wou e Responsabilitéiten huet, an de Gemengen zum Beispill. Et ass munches ze maachen.

Wéi vill Gemengen hei zu Lëtzebuerg hunn dann e Kannergemengerot? Wéi vill Gemengen hei zu Lëtzebuerg hunn e Jugendforum? Wa mer do géifen ufänken, do si mer alleguerten hei an der Responsabilitéit. Mir hu jo bal alleguerten hei lokal Verantwortung. Loosse mer do ufänken!

A loosse mer och do ufänken, mengen ech, wou de Besuch vun deene Jonken zur Politik am nächsten ass, dat ass op dem lokale Plang. Do kënne se sech konkret eppes virstellen, wat Wahlrecht heescht. Do geet et drëm, also konkret ze weisen, wat et heescht, matzebestëmmen, wat et heescht, matzediskutéieren an och mat Verantwortung ze droen. An deem Sënn, mengen ech, geet et drëm, dass mer déi nächst Joren do usetzen.

Dann ass et an eisen Aen awer och kloer, dass déi éischt Etapp, fir d'Wahlrecht ze änneren, am aktive Wahlrecht op 16 erofzegoen, dat müssen d'Gemengerotswahl sinn. Déi éischt Wahlen kënnen an eisen Aen net d'national an d'Europawahl sinn. Et ass awer genau dat, wat d'Proposition de loi elo weinst dem Kalenner virschreift. Déi nächst Wahlen, wou dat géif spillen, wären direkt déi national an d'Europawahlen. An dann, e puer Joer drop, géifen da vläicht d'Gemengerotswahlen...

Loosse mer logesch virgoen! Loosse mer beim lokalen Niveau ufänken, do, wou den direkte Besuch do ass, wou et einfach ass, mengen ech, och déi jonk Leit un d'Politik erunzeféieren! A loosse mer weider Aktiounen setzen an de Schoulen, zum Beispill d'Primärschoul, mä awer haaptsächlech och natierlech an eise Lycéeën! Loosse mer déi Angscht emol ewechhuelen, déi bei den Direktiounen vun de Lycéeën besteet, fir a Kontakt mat Parteien, mat Parteipolitik ze kommen, wéi wann dat eppes vum Béise wär!

Ech mengen, hei si Leit derbäi, déi kënne sech nach un déi Zäit erënneren, wou mer alleguerten doustoung virun de Lycéeën Trakten auszedelen. Dat ass awer haut net méi gewënscht. Et ass eng Politik iwwer Jorzéngte gaangen, fir esou wäit wéi méiglech alles, wat no Parteie richt, no Politik richt: aus de Lycéeën eraus! Dat ass eng falsch Politik. Dat muss geännert ginn. Do mussen mer usetzen.

Loosse mer usetzen och an der Berufswelt! Hei gëtt geschwat vun de politesche Wahlen. Et schéngt kee Mënsch ze stéieren, dass zum Beispill haut bei de Chambres professionnelles Jonker, déi nach keng 18 Joer hunn, déi awer voll am Aarbechtsprozess sinn, net dierfe mat ofstëmme goen. Och dat Gesetz ass hei ufanks den 2000er Joren nach eng kéier esou duerchgaang. Wien huet dat gestéiert?

Loosse mer also do logesch ufänken! Loosse mer do ufänken, wou et Sënn mécht, a loosse mer - no an no, dat kann awer ganz schnell goen - déi Preparatioun esou maachen, wéi et och am Conseil de l'Europe gewënscht ginn ass, d'Preparatioun esou maachen um Terrain, dass u sech déi Emännung vum Wahlrecht, dass déi och wierklech Sënn mécht!

Ech géif och mengen, dass, wa mer iwwert d'Neidefinitioum vum Wahlrecht befannen, mer net nëmmen iwwert d'Altersfro dierfe schwätzen, mä och iwwert d'Fro, wien hei ka viele goen. Do dierf et keen Tabu ginn!

Mir sinn der Meinung, dass mer eng breet Diskussioun och iwwert déi dote Fro brauchen an engem Land, wou ee gesäit, e Land, wou déi aktiv Bevölkerung an d'Wahlbevölkerung sech ëmmer méi vuneneen ewechbewegen, wat hir Zusammensetzung ugeet; wou bal keng Gemeinsamkeete méi sinn; wou mer och wëssen, dass eis Wahlbevölkerung tendenziell ëmmer méi al gëtt; tendenziell bal ausschliesslech - oder zu engem gudden Deel nach, wat d'aktiv Bevölkerung ugeet - zesummegeat ass aus Leit, déi am breetste Sënn an der Fonction publique tätég sinn, wat awer och der Realitéit vum Lëtzebuerg Land, der sozialer Realitéit net méi entsprécht.

Mir hunn elo x Leit, déi iwwert dat neit Nationalitéitengesetz hir Lëtzebuerg Nationalitéit récupéiert hunn, déi am Ausland wunnen - déi eigentlech ganz weéng Kontakt nach mat Lëtzebuerg hunn -, déi awer kënnen, wa se wëllen, hei mat viele goen. Mir hunn awer déi Leit, déi jorelaang hei am Land schaffen,

liewen, Kanner hei erzéien, op d'Welt bruecht hunn, déi mer a priori ausschleisse vun den nationalen Wahlen. Mir mengen, dass mer also, wa mer iwwert d'Wahlrecht schwätzen - dat solle mer, dat gëtt et an alle Länner - musse mer, mengen ech...

► **M. le Président**.- Här Bodry, erlaabt Der, datt den Här Kartheiser lech eng Fro stellt?

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Et hätt mech gewonnen, wann op där doter Fro den Här Kartheiser sech net géif zu Wuert mellen.

#### (Hilarité)

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Majo, Här Bodry, ech soen lech Merci, datt Der mer déi Geleeënheet gitt. Merci, Här President, fir d'Wuert. Dir hutt virdru gesot, wou Der iwwert den Alter fir d'Wahlrecht geschwat hutt, 16 Joer, do hutt Der gesot, een eenzeg Land an der Europäescher Unioun huet dat gemaach, Eisträich huet de Wahlalter op 16 Joer erofgesat.

Meng Fro ass, Dir gitt jo elo hin an Dir wëllt d'Wahlrecht bei den Nationalwahlen lasskoppele vun der Nationalitéit vun deem Stat, wou déi Wahlen sinn, also hei konkret d'Lëtzebuerg Nationalitéit, datt d'Leit, déi net d'Lëtzebuerg Nationalitéit hunn, solle bei de Chamberswahlen matwien.

Meng Fro ass eng ganz einfach: Kënnt Der mer e Land op der Welt nennen, oder wéi vill Länner op der Welt sinn deen dote Wee da gaange virun eis? Ech hoffen, Dir hutt genuch Zäit, fir d'Lescht ze maachen. Also, mir hunn Zäit bis den Owend!

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Ech ginn lech eng ganz einfach Äntwert, Här Kartheiser. Dir hätt emol vläicht sollen noliesen, wéi ech och meng Virstellung hei argumentéiert hunn: Wat fir een anert Land an Europa huet en Undeel vun Net-nationalen, dee bei iwwer 40% läit, an zéng Joer wahrscheinlech bei iwwer 50% läit? A wat fir engem Land gëtt et esou eng Diskrepanz tëscht der sozialer Realitéit an der Realitéit vun der Wahlbevölkerung?

Dat ass awer eng Fro, déi ee sech muss stelle fir eng Demokratie, wann ee wëllt representativ sinn. Ass een nëmme representativ fir eng Minoritéit oder wëllt een net awer iergendwéi representativ si fir eng Majoritéit vu Leit, déi an engem Land wunnen? Dat ass awer eng fundamental Fro, déi een ënner Demokrate muss dierfen hei diskutéieren!

An net vu virera gesot: Wou, a wat fir engem Land gëtt et dat? Et gëtt kee Land, wat eng ähnlech Zusammensetzung huet, eng ähnlech Problematik vun der Demokratie huet, wéi mir et hei zu Lëtzebuerg hunn. An ech wëll net mat Kuwait an anere Länner op een Niveau gestallt ginn. Duerfir musse mer eis där doter Fro stellen!

► **M. François Bausch** (déi gréng).- Här Bodry, et gëtt och kee Land, wat esou ofhängeg ass vun auslännescher Main-d'œuvre wéi Lëtzebuerg!

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Dat kënnt nach derbäi. Ech wëll vun de Frontalieren net schwätzen. All déi Froen, déi sech do stellen, alles dat, mengen ech...

► **Une voix**.- Zweek Drëtzel vun der...

► **Une autre voix**.- ...schonn zwou Parteien dat am Wahlprogramm...

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Dat, mengen ech, ass also immens wichteg. D'Fro also, déi mer eis...

D'Positioun vun eiser Partei ass an där doter Fro also ganz kloer. Si ergëtt sech aus eisem leschte Wahlprogramm, awer och aus deenen Diskussiounen, déi mer an der Partei féieren. D'Positioun och vun eise Jonksozialisten, déi mer ganz respektéieren.

Duerfir si mir hei net der Meinung, dass dat hei deen Text ass, deen een elo soll stëmme, well et op där enger Säit ze schnell geet, well en u sech bei sämtleche Wahlen, fir d'Éischt bei den nationalen an Europawahlen dat dote wëllt aféieren, ouni dass den Terrain preparéiert ginn ass. An op där anerer Säit net wäit genuch geet, well en déi Fro vum Wahlrecht duerch ee ganz enke Bléckwénkel kuckt - nëmmen deem vum Wahlalter vun deene 16- a 17-Jähregen - an net déi aner Froe mat berücksichtegt, déi an eisen Ae vläicht souguer vum Prinzip hier méi eng grouss Importenz hu wéi déi Fro, déi haut hei diskutéiert gëtt.

Et ass also duerfir, wou mer der Meinung sinn, dass mer deen heiten Text à ce stade net solle stëmme, mä dass mer alles solle maachen, fir d'Participatioun an allen Domänen auszeweiten, net nëmme fir déi Jonk, och fir aner Leit. Dass mer vill Prozeduren och hei am Land müssen iwwerschaffen, fir déi Prozeduren net nëmmen op Asprochsrechter ze beschränken, mä fir eigentlech och am Virfeld eng Participa-





tioun vun de Leit ze garantéieren, dass beim Huele vun deenen Décisiounen schonn eng Rei vu Considérationen konnte mat berücksichtegt ginn.

Ech mengen, dat ass eng aner Approche, fir Politik ze maachen. Et ass eng aner Approche, fir Participatioun ze gesinn. An et ass déi, déi mir gären als Sozialisten hätten.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Bodry. Als nächst Riednerin ass d'Madame Josée Lorsché agedroen. Madame Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir unzufänke wëll och ech dem Här Berger am Numm vun der grénger Fraktioun Merci soen, dass hien déi wichteg Debatt ëm d'Erofsatzung vum Wahlalter duerch seng Proposition de loi nach eng Kéier ugestiwwelt huet. En zweete Merci géllt och dem Här Paul-Henri Meyers fir d'Objektivitéit vu sengem Rapport.

D'Diskussioun ronderëm d'Erofsatzung vum Wahlalter ass facettäräich a vill méi emotionsgelueden, wéi ech mir et eigentlech erwaart hat. Éischters gëtt jo hei d'Grondrecht vum Jugendschutz mam Grondrecht vun der Jugend op Matbestëmmung konfrontéiert, wat déi prinzipiell Fro opwerft, wou dann eigentlech eng sénnvoll a logesch Trennung tëscht dem Schutz vun der Jugend an hirem Matsproocherecht gezu ka ginn.

Zweetens setzt d'Ëmsetzung vun dëser Proposition de loi, nieft der Ëmännerung vum Wahlgesetz, jo och nach déi institutionell déif gräifend Revisioun vum Artikel 52 vun der Constitution viraus. Datt souwuel d'Regierung wéi och de Statsrot sech mat där Reform schweierdinn a mat zwee Féiss, oder vläicht och nëmme mat engem Fouss op d'Brems sprangen, ass verständlech, zemoos an engem Land wéi Lëtzebuerg, wat wahrscheinlech net an d'Gesellschaft wäert agoe fir säi gesellschaftspolitesche Reformcourage.

Dernieft awer och an engem Land, deem säi Wahlsystem anescht ausgeriicht ass wéi déi vun deene meeschten anere Länner. Duerch déi allgemeng Wahlflicht, déi zu Lëtzebuerg besteet, stelle sech am Kontext vun der Erofsatzung vum Wahlalter natierlech méi Froen wéi an deene Länner, an deenen d'Bedeelung un de Wahlen op Fräiwëllegkeet berout.

Am Géigesaz zu Eisträich, wou de Wahlalter konsequent op 16 Joer erofgesat ginn ass, muss mir zu Lëtzebuerg am Virfeld déi prinzipiell Fro opwerfen, ob mir mat der Senkung vum Wahlalter eng drëtt Kategorie vu wahlberechtigten, mä net wahlpflichtge Biergerinnen a Bierger wëlle schafen, nieft eiser auslännescher Bevölkerung an de Persounen iwwer 75 Joer, déi aus verständleche Grënn vun der Wahlflicht entbonne sinn.

Déi gréng Fraktioun ass mat enger weiderer Kategoriséierung vun der Wierschaft net averstanen an trëtt konsequent fir en einfachen, transparenten a verbindlechen Wahlsystem an, deen all Berechtegten op eng an deiselwecht Aart a Weis mat eiser Demokratie verbënnt. Wa mir de Wahlalter op 16 Joer erofsetzen, gëtt et also fir déi gréng just zwou Alternativen, fir déi drëtt Kategorie vu Wierler ze verhënnern: Entweder mir schafen d'Wahlflicht ganz of an ersetze se duerch d'fräiwëllegt Wahlrecht op alle Pläng, oder awer mir behalen d'Wahlflicht bäi an da géif et och fir déi Jonk gellen.

Et ass och déi Optioun, déi vun der grénger Fraktioun ënnerstëtzt a gefuerdert gëtt. An eisen Ae geet et net duer, demokratesch Rechter ze hunn, wann een déi Rechter net och mat Flichten a mat Verantwortung vis-à-vis vum Stat verbënnt. Eng vun dëse Flichten ass d'Wahlflicht an domat d'Flicht, fir d'Zukunft vum Land matzestëmmen, amplaz d'Ausrichtung vun der Politik passiv an d'Hänn vun aneren ze ginn, mat alle Geforen, déi domat verbonne sinn.

Aus deem Grond hätt déi gréng Fraktioun et begréisst, wann den Här Berger e Schrëtt méi wäit gaange wär an net nëmme d'Wahlrecht, mä och d'Wahlflicht fir déi Jonk ab 16 Joer virgeschloen hätt.

► **M. Eugène Berger (DP), auteur.** - Ech kéint och domadder liewen.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Dat als Zousazremarque zu senger Proposition de loi, déi mir och als solch ënnerstëtze kënnen, zemoos well den Här Berger sech bereet erkläert huet, doriwwer ze diskutéieren. Mir vun eiser Säit verschléissen eis och net der Diskussioun ëm d'Aféierung vum Wahlrecht op kommunalem Plang, vun där den Här Bodry elo geschwat huet. Och déi Diskussioun ass fir eis eng Optioun, déi machbar ass.

Datt d'Wahlflicht fir 16-Jähreger e Schoss no hanne ka ginn, zu komplett oniwierluechtem

Wahlverhalten oder zu Trotzreaktiounen kéint féieren, wat vill behaupt gëtt, ass dat Éischt, wat een als Verfechterin vun der allgemenger Wahlflicht virgehäit kritt a wat vu ville Leit gefaart gëtt. Dee Virwurf ass zum Deel berechtigt. Allerdéngs muss ee sech am selwechten Otemzuch och d'Fro stellen, ob d'Groussjäregkeet dann ieren d'Garantie ass fir en iwwerluecht a räift Wahlverhalten. Dat menge mir net!

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, och wa mir als Gréng nach e Schrëtt méi wäit géife goe wéi den Här Berger, begrësse mer op alle Fall, dass d'Thematik hei op dëser Plaz ka gefouert ginn, opgegraff ginn an diskutéiert ginn. D'Iddi vun der Erofsatzung vun deem Alter ass an eiser Gesellschaft natierlech staark ëmstridden, net nëmme dobaussen, mä och heibannen - dat hu mer jo elo erlieft -, a féiert zu kontroversen Usiichten tëscht Jonk an Al. Mä nawell och zu Meenungsverschiedenheeten innerhalb vun den eenzelne Generationen, déi Jonk abegraff, déi jo zu iwwer 50%, wéi et schéngt, dergéint sinn, dass se kënnen wéi goen oder mussen wéi goen.

Et ass also net nëmme déi eeler Generation, déi sech schweierdeet mat der Iddi vun engem méi niddrege Wahlalter, mä och déi Generation, ëm déi et eigentlech geet. Dat ass wahrscheinlech eng vun den Ursaachen, firwat, trotz enger Rei vun Initiativen, nach ëmmer kee Fortgang an d'Diskussioun komm ass. Weder d'Fuerderung vum Conseil de l'Europe nach déi vum Europäeschen oder Lëtzeburger Jugendparlament hunn d'Gemiddler zu Lëtzebuerg a Bewegung bruecht, woubäi een deene Gremie bestëmmt net kann oniwierluecht oder naiv Fuerderungen ënnerstellen.

Vun de Géigner vum Wahlrecht fir Mannerjähreger, also och vun der Regierung a vum Statsrot, ginn eng Rei juristesche Bedenken ervirbruecht, wéi zum Beispill gëtt argumentéiert, dass e Mannerjähregen, dee jo, rechtlech gesinn, net strafbar ass an ënnert d'Bestëmmungen vum Jugendschutz fällt, och net d'Wahlrecht an domat dat héchste Recht vun der Demokratie kann zougesprach kréien.

Vill Leit fäerten doran eng Bagatelliséierung an eng Entwäertung vun eise Recht op politesch Matbestëmmung. Och gëtt dem Gesetzgeber Willkür virgehäit, soubal wéi hien d'Rechter, d'Flichten oder d'Verantwortung vun engem Mënsch vu sengem Liewensalter ofhängeg mécht. Wann een awer bedenkt, wéi vill aner Gesetzter vum Alter ofhänken, da muss ee sech froen, wéi stéchhalteg déi Argumentatioun eigentlech ass.

Dir Dammen an Dir Hären, wann de juristesche Géigenargumenter e gewësst Gewiicht net ofesprechen ass, wiere mir eis awer kategoresch géint pauschal Ënnerstellungen, mat deenen déi Jugendlech oft ofgestempelt ginn. Wann de Fatalismus groussgeschriwwen gëtt an der Jugend ondifferenziéiert Politikverdrossenheet, Desinteressi, Naivitéit a feelend politesch Bildung ënnerstallt ginn, da si mir net d'accord!

Datt eng Rei Jugendlecher sech am politeschen, gesellschaftlechen a kulturellen Abseits bewegen, dass dat huet seng Grënn. Dat ass weder eng Fatalitéit nach eng Charakteristik vun där Alterskategorie, mä d'Resultat vun engem Gesellschaftssystem, deen op grouse soziokulturellen Ënnerscheeder berout, deen den Dialog mat der Jugend net genuch opsiicht an deenen hir Matbestëmmung net genuch fördert!

Desinteressi a Passivitéit vu verschiddene Jugendlechen dierfen awer kee Grond sinn, fir all déi Jonk d'office aus dem demokrateschen Prozess erauszehalen an domat en Nivellement vers le bas ze bedriewen. Jiddweree soll seng Chance kréien a jiddweree soll se kënnen notzen. Mir sinn iwwerzeegt, dass et mat enger adequater pädagogescher Approche a mat geziilte Moosnamen duerchaus méiglech ass, den Interessi fir d'Politik an d'Bereitschaft op d'politesch Participatioun bei der Jugend an och scho bei de Kanner ze entwëckelen, déi opgrond vun hirer sozialer a kultureller Situatioun net esou einfach erreechbar sinn. Och déi kréie mir ze paken.

Datt an de Schoule keng Plaz fir politesch Bildung ass, ass an eisen Aen e simplistescht a fadenscheinegt Argument. Natierlech sinn d'Schoulprogrammer gutt geféelt an zum Deel iwwerféllt! Dat verhënnert awer net, dass den aktuelle Schoulsystem vun entscheidender Bedeutung ka sinn, wann et drëms geet, d'Entwëcklung vum politeschen Interessi a vun der politescher Bildung ze fördern. Datselwecht zielt och fir d'Ausbildungsbetriben, an deene vill Schüler a Schülerinnen den éischte Schrëtt an d'Berufsliewe maachen.

Esou wéi d'Wäerter an déi sozial Kompetenzen an der Grondschoul fächeriwwergräifend an transversal vermëttelt kënnen ginn, ass et och méiglech, aner politesch Themen an Diskussionsou wuel an déi eenzel Schoulfächer wéi

och an déi alldeeglech Berufsausbildung afléissen ze loossen an der Instruction civique domat net nëmme direkt, mä och indirekt méi Bedeutung ze ginn.

Allerdéngs notzt d'Wëssen iwwert de Fonctionnement vum Rechtsstat deene Jonken net ganz vill, soulaang wéi se net och perséinlech Erfahrungen, d'Ausprobéieren an d'Erliewe vun der politescher Bedeegung domat kënnen verbannen. Wéi schnell d'Jugend sech fir d'Politik interesséiert, wann et ëm hir handfest Zukunft geet, a wéi séier d'Leit aus deem Alter ze bewege sinn, dat hu mer kierzlech erlieft bei der Ukënnegung, dass den Enseignement secondaire soll reforméiert ginn.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, eng wichteg Roll bei der Entwëcklung vun demokrateschen Verhaltensmusteren spillen dernieft d'Jugendorganisationen, a virun allem och déi méi informell Jugendgruppen, Jugendforen, Jugendhaiser a Frëndschaftswierker, an deenen déi Jonk do ofgehall ginn, wou se stinn, a wou den Dialog groussgeschriwwen gëtt.

D'Fuerderung vum Conseil supérieur de la jeunesse am Kader vum europäeschen Jugendprogramm «Erasmus pour tous», nei Initiativen ze entwëckelen an den net organiséierten Jugendgruppe méi Ënnerstëtzung zoukommen ze loossen, kënnen mir mat zwou Hänn ënnerschreiwen. All déi Moosnamen reie sech nämlech an d'Logik vum europäeschen Aktionsplang fir méi Participatioun vun der Jugend an, en Aktionsplang, dee schonn am Joer 2003, also viru bal zéng Joer, vun der EU-Kommission initiiert ginn ass.

En aneren Impuls hunn d'EU-Staten am Joer 2006 mat hirer gemeinsamer Deklaratioun vu Wien geliwwert, an där Folgendes festgehalen ginn ass: Fir déi aktiv Matwierkung vu jonke Mënschen u gesellschaftleche Prozesser ze stimuléieren, sollt de Wahlalter erofgesat ginn. Begleedend dozou soll unhand vun net formelle Methoden d'politesch Bildung vermëttelt ginn, an zwar vum Grondschulalter un. Also net fir d'Éischt dat eent an dann dat aner, mä déi zwou Etappe mateneen!

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir stinn an deem Débat net isoléiert do, mä mir bewegen eis am europäeschen Kontext, an deem hauptsächlech Eisträich eng Virreiderroll gespillt huet an och eng Rei bundesdäitsch Länner am Beräich vun de Gemengewahlen. D'Erofsatzung vum Wahlalter zu Lëtzebuerg wär eng gutt Geleeënheet, fir ze beweisen, dass eist Land der gesellschaftlecher Entwëcklung net ëmmer muss hannendurafen, mä dass mir et och kënnen fäerdegbréngen, se anzehuelen.

An deem Sënn ënnerstëtzt déi gréng Fraktioun dës Proposition de loi, déi eis Demokratie e gutt Stéck géif weiderbréngen. Zumindest an de Gemenge kéinte mer och driwwer schwätzen. Dat wär en anere Schrëtt, dee mir an d'A faassen, sou dass ech denken, wa mer weinstens do e Konsens heibanne géife fannen, da wäert mir um gudde Wee.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci der Madame Lorsché. Als nächste Riedner ass den Här Henckes agedroen. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Merci, Här President. Och vu menger Säit aus dem Rapporteur, dem Här Paul-Henri Meyers, Merci fir deen ausféierlechen Exposé. Mir sinn net Member vun der Commission des Institutions, duerfir ass ons Meenung do natierlech net esou bekannt ginn. Mä ech wëll awer drop hiweisen, dass mer haut eng Debatt féieren, wou ee muss awer kloer soen, wouërms et nach eng Kéier geet.

Dat ass ëm d'Erofsatzung vum Wahlalter bei den nationalen Wahlen. Ech hunn awer hei e puermol héieren, dass vu kommunale Wahlen geschwat ginn ass. Hei geet et ëm eng Debatt bei den nationalen Wahlen. An da gëtt...

(*Interruption*)

Jo, en plus de ça, mä d'Gesetz, d'Proposition de loi gesäit et hauptsächlech hei vir bei den nationalen Wahlen. Et ass do, wou déi grouss Differenzéierung läit.

An da gëtt ee Land ervirgestrach, wat hei schonn de Wahlalter 2007 oder 2008, mengen ech, muss et gewiescht sinn, op 16 Joer erofgesat huet, dass eis Eisträich. Mä et gëtt nach e puer Länner, déi de Wahlalter fir d'national Wahlen erofgesat hunn. Do ass Nordkorea derbäi,...

► **Une voix.** - Och!!!

(*Hilarité*)

► **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - ...wat de Wahlalter op 17 Joer festgeluecht huet.

(*Brouhaha et hilarité*)

An dann ass op 16 Joer nach e puer Länner: Kirgistan, Usbekistan, Turkmenistan,...

(*Hilarité générale*)

...an ech hunn och erausfonnt, dass Pakistan datselwecht agefouert huet, mä awer nure fir d'Fraen.

► **Une voix.** - Jo, déi stierwe mat 30!

► **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Do ass et vu 16 Joer un...

► **Une voix.** - Jo, do si vill Länner derbäi, wou Dir gutt Relatiounen mateneen hutt.

(*Brouhaha général*)

► **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Ech wëll just nure soen, dass ee gesäit hei an do, wou een Inspiratiounen fënnt, fir op den Alter vu 16 Joer erofzagoen.

► **Une voix.** - Här Henckes, Dir waart scho méi staark.

► **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - An et gesäit een, dass hei also e puer Institutionen, e puer Länner schonn op dee Wee do gaange sinn. Mä de Gros vun de Länner queesch duerch d'Welt läit bei 18 Joer a souguer verschidde Länner bei 21 Joer nach ëmmer.

An ech mengen, et ass och eng fundamental Debatt, déi ee muss féieren, dass ass déi ze wësen, ob een de Wahlalter liiert un d'Majoritéit oder net. Fir ons schéngt et kloer ze sinn, dass d'Majoritéit muss bestoe bleiwe mat 18 Joer, fir dass ee responsabel ass fir alles dat, wat een zivilrechtlech mécht, fir alles dat, wat ee kommerziell mécht, a fir alles dat, wat ee strofrechtlech mécht.

Et ass also eng gewësse Logik dran, dass een deen Ablack och hiegt an datselwecht festhält fir de Wahlalter, well et ka jo net sinn, dass ee fir verschidde Saachen irresponsabel ass an dann op eng Kéier just fir dat Politescht responsabel ass, wann et ëm d'Allgemengheet geet. Do ass an onsen Aen e Lien, dee muss hiergestallt ginn an dee muss och fest bestoe bleiwen.

Da gëtt natierlech och vill hei vu verschiddene Parteien geschwat vu méi Demokratie. Mir sinn och als ADR fir méi Demokratie a fir méi Participatioun vun de Bierger un de politeschen Décisionen.

► **Une voix.** - Maja!

► **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Duerfir hätte mer och gären, dass allegueren déi Wahlberechtigten zum Beispill kéinten iwwer e Referendum, iwwert d'Volleksinitiativ un de politeschen Décisionen deelhuelen.

(*Interruptions*)

An do hu mir schonn 1999 eng Proposition de loi déposéiert gehat. Ech hunn och gesinn, dass d'Lëtzebuergesch Regierung den 20. Mee 2003 och esou eng Proposition, e Projet de loi déposéiert huet, a säithier läit se am Tirang! Et wier also gutt, wann ee wëllt d'Bevölkerung, déi Aktiv, déi Leit, déi iwwer 18 Joer sinn an déi wahlberechtigten sinn, wann een déi wëllt un de politeschen Décisionen bedeelegen, da wier et un der Zäit, dass och dee Projet de loi, deen elo schonn zënter 2003 doläit, och sollt duerchgezu ginn.

► **M. François Bausch (déi gréng).** - Här Henckes, géift Der soen...

► **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - An ech hoffen, dass de President vun der Institutionskommission hiegt an dee geschwënn op den Ordre du jour setzt. Ech mengen, da wiere mer ganz gutt...

► **M. François Bausch (déi gréng).** - Schwätzt zum Thema! Här Henckes, géift Der dann am Referendum de Wahlalter op 16 maachen?

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Här Bausch!

► **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Ech hunn direkt gesot gehat, mir...

► **Une voix.** - Macht en emol bis op 18!

► **Une autre voix.** - Macht en emol op 18 Joer!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Här Bausch!

(*Brouhaha général*)

► **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Ech mengen, ons geet et nuren drëms, fir méi Demokratie ze hu bei deenen, déi d'Wahlrecht hunn...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Macht Dir e Referendum iwwert den Tram an der Stad, Här Bausch? Hein? Da sot Der neen! Do sot Der neen!

► **M. François Bausch (déi gréng).** - Dach, dach! Den 9. Oktober war e Referendum.





## (Brouhaha général)

► **M. le Président.**- Hei geet et em de Wahlalter. An d'Wuert huet den Här Henckes!

► **M. Jacques-Yves Henckes** (ADR).- Voilà! Ech wollt also och drop hiweisen, datt, wann ee vu méi Demokratie schwätzt, da fänkt dat emol un, datt ee bei deenen Dausenden an Dausende vu Wahlberechtigten, datt een deenen och d'Méiglechkeet gëtt, wa si eng Initiativ wëllen hunn, wa si fir eng Gesetzgebung sinn oder géint eng Gesetzgebung, datt se déi kënne froen. An ech mengen, dat wier och een Zeechen, wann d'Chamber géif elo dee Gesetzesprojet iwwert de Referendum, op d'Volleksinitiativ géif a kuerz méiglecher Zäit op den Ordre du jour huelen.

Ech hat gesot, et wäert d'ADR géint dese Projet stëmmen, well mir der Meenung sinn, datt d'Majoritéit an d'Wahlberechtigung op deemselwechten Alter solle bleiwen. A well mer alle guerten awer der Meenung sinn, datt d'Majoritéit net soll erofgesat ginn, musse mer och lo-gesch sinn an dese Gesetzesprojet net akzeptieren.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Henckes. Als leschte Riedner ass den Här Urbany agedroen. Här Urbany, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Serge Urbany** (déi Lénk).- Merci, Här President. Ech wäert déi Proposition hei stëmmen, well se d'Demokratie wiederbréngt.

► **Plusieurs voix.**- Ah!

► **M. Serge Urbany** (déi Lénk).- An ech deelen och déi meeschten Argumenter, déi hei gebraucht gi sinn en faveur vun enger Erofsetzung vum Wahlrecht op 16 Joer. Iwwregens, mir waren als déi Lénk ëmmer derfir.

D'Wahlrecht muss een awer och hei, mengen ech, emol an den historeschen Kontext setzen, deen den Här Wilmes vläicht eigentlech misst vu sengem Beruff hier kennen. D'Wahlrecht ass ëmmer erkämpft gi géint déi Konservativ.

## (Interruptions diverses)

D'Wahlrecht war...

## (Brouhaha)

D'Wahlrecht... Jo, an do gehéiert Dir och dozou, Här Henckes! D'Wahlrecht war ëmmer en Akt vu politischem Bewusstsin a vu Parteigräifung an der Gesellschaft. Déi Leit, déi fir d'Wahlrecht gekämpft hunn an der Geschicht, déi hate keen Diplom a Bürgerkunde a si haten och keen CSV-Stats-Brevet gemaach.

► **Plusieurs voix.**- Ah!

► **Une voix.**- E schwätzt wéi e Jonken!

## (Hilarité)

► **M. Serge Urbany** (déi Lénk).- Ech mengen, e Punkt, dee wichtig ass bei allen Altersschichten, dat ass déi Depolitiséierung, déi et déi lescht Zäit gëtt. Dat ass de Mangel u Wierklecher, lieweger Demokratie. An dat betrëfft net nëmmen déi Jonk, dat betrëfft all Altersschichten. Et fannen haut keng Wierklech offen Debatte méi statt iwwert d'Zukunftsprojeten, wou zum Beispill zwee Standpunkter gläichberechtigt kennen untriede géinteneen.

D'Debatt iwwert den Europäeschen Traité 2005, grad well e mat enger Wahlkonsequenz verbonne war, grad well e mat engem Referendum verbonne war, dat war esou en Ausnahmement, wou emol eng Kéier konnt diskutiert ginn an der Gesellschaft, op der Télee an esou weider. An enger normaler Debatt deemools, déi iwwert d'Medië gefouert gi wier oder iwwert d'Chamber eleng, hätt den Non zum Europäeschen Traité gradesou wéineg Chancë gehat wéi den Non leschten Donneschdeg zur Manipulation vum Index. Esou huet en awer 44% bei Wahle kritt.

Ech wëll domat just soen, d'Demokratie brauch eng Erneuerung, brauch nei Weeër, ënner Aschloss vun allen Altersschichten. Ech hunn nach keen héieren hei soen, déi vu 16 Joer u wieren net fäeg ze begräifen, wat geschitt. Si hu jo och d'Recht, schaffen ze goen, also musse se och d'Méiglechkeet hunn, sech u Wahlen ze bedeelegen.

Also gehéiert dozou den Droit de vote mat 16 Joer als eent vun enger Partie vun Elementer, ebe just, well en d'Konsequenz huet, dass net eng Debatt stattfënnt iwwer Jugendparlament - esou wäertvoll och déi Debatte vläicht sinn -, mä eng Wierklech Debatt an der Gesellschaft stattfënnt, mat enger Konsequenz, déi sech am Wahlziedel ausdréckt. Duerfir ass et esou wichtig, dass dat Wahlrecht do kënnt.

De Gesetzesprojet 5611 iwwert de Jugendchomage ass an den Dokumenter, hei an der De-

batt wéineger, genannt ginn als Bewäis fir de politeschen Interessi an den Engagement vun deene Jonken. An dat ass och richtig. Well och déi Jonk, wéi ech scho gesot hunn, gi schaffen a mussen also och d'Recht hunn, wielen ze goen. An déi, déi an d'Schoul ginn, natierlech och.

Deemools déi Debatt iwwert de Jugendchomage war gradesou wéineg e renge Jugendproblem iwwregens wéi d'Rentereform haut e renge Altersproblem ass, an d'Schoulreformen hunn och en iwwergräifende Charakter an der Gesellschaft, also musse se och kënne vun der ganzer Gesellschaft gefouert ginn.

Am Iwwrege schléissen ech mech deenen heibannen un, déi gesot hunn, dass dee gréissten demokrateschen Defizit nach ëmmer doranner besteet, dass 44% vun der Bevölkerung hei am Land vun all Wahlrecht ausgeschloss sinn.

## (Interruptions)

Déi kennen d'Chamber hei net wielen. An ech mengen duerfir, dass, wat mer haut brauchen, dat ass eng nei demokratesch Bewegung. Déi muss am Land gefouert ginn an déi gëtt och gefouert. An dat Wahlrecht, d'Erofsetze vum Wahlrecht wäert och vun där neier demokratescher Bewegung op hire Fändel geschriwwen ginn.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Urbany. Elo kritt d'Wuert den Här Justizminister François Biltgen.

► **M. François Biltgen**, *Ministre de la Justice*.- Merci, Här President. De Statsrot huet am Avis un d'Regierung gesot, dass ee soll virsiichteg un déi Debatt erugeen an dass ee soll...

► **Une voix.**- Et versteet ee guer näischt!

► **M. François Biltgen**, *Ministre de la Justice*.- ...eng lerge Debatt an deser Chamber féieren. Et ass elo villes gesot ginn. Ech hätt nach villes derbäizefügen, notamment a menger Qualitéit als Justizminister iwwer net nëmmen...

## (Interruption)

...net nëmmen d'Interferenz Responsabilité civile a Wahlrecht, och iwwert d'Responsabilité pénale. Ech wëll drop opmierksam maachen, wat de Statsrot do vun Ängschten zu Recht hat, well am Ausland gëtt éischter d'Responsabilité pénale erofgesat bei de Jugendlecher wéi vläicht aner Majoritéiten.

Ech mengen, et ass villes hei gesot ginn an ech mengen och, dass déi Debatt net um Enn ass, si kann och nach net um Enn sinn. An dofir wëll ech net weider dozou soen. Ech stinn awer gären, wann esou eng Debatt soll och an der Institutionskommission oder an der juridique weidergefouert ginn, zur Verfügung.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Justizminister.

Mir kommen dann elo zum éischte Vote constitutionnel iwwert d'Proposition de révision 6205. Hei ass eng Majoritéit vun zwee Drëttel erfuerdert an de Vote par procuration ass net erlaabt.

## Premier vote constitutionnel sur l'ensemble de la proposition de révision de la Constitution 6205

D'Ofstëmme fänkt un. Nëmmen, wéi gesot, déi perséinlech Stëmmen.

► **Une voix.**- Här President, et ass fäerdeg!

► **M. le Président.**- De Vote ass ofgeschloss.

D'Proposition ass ofgelehnt mat 39 Nee-Stëmmen...

► **Plusieurs voix.**- Oh!

► **M. le Président.**- ...a 16 Jo-Stëmmen.

*Résultat définitif après redressement: la proposition de révision de la Constitution 6205 est rejetée par 40 voix contre et 15 voix pour.*

Ont voté oui: MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Fernand Etgen, Paul Helming, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

M. Serge Urbany.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Norbert Haupt, Ali Kaes, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err,

MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Sou, da komme mer elo zur Ofstëmmung iwwert d'Proposition de loi 6206.

## Premier vote constitutionnel sur l'ensemble de la proposition de loi 6206

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Hei ass och de Vote par procuration erlaabt. De Vote ass ofgeschloss.

D'Proposition ass refuséiert mat 42 Nee-Stëmmen, géint 17 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Carlo Wagner), MM. Fernand Etgen, Paul Helming, Claude Meisch (par M. Fernand Etgen), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

M. Serge Urbany.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden (par M. Lucien Clement), Norbert Haupt, Ali Kaes, Marc Lies (par M. Félix Eischen), Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

## 8. Hommage à Mme Lydie Err

Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, haut de Mëtten ass déi lescht öffentlech Chambersitzung, un där eis Kolleegin Lydie Err deelhält. Si ass de 15. Dezember vun eis als Médiature gewielt ginn a wäert domadder hiert Deputéiertemandat niddleeën an domadder dem Här Georges Engel erméiglechen, hir Nofolleg an der Chamber unzrieden. Erlaabt mer dofir e puer Wuert am Numm vun eis alleguerten u si ze richten.

Aus dem Lydie Err sengem gutt gefüllte Curriculum Vitae geet ervir, datt si zu Stroossbuerg Droit studéiert huet an eng Spezialisatioun an europäesche Studië gemaach huet. Duerno huet si nieft hirem Beruff als Affekot a sëllegen ONGe matgewierkt, déi sech fir déi Uleissen agesat hunn, déi hir ganz besonnesch um Häerz leien.

D'Lydie Err huet awer schnell gemierkt, datt hiert Wirkungsfeld an der Praxis net wäit genuch géif goen, an e logesche Schrëtt war et deemno fir si, hiren Engagement an d'Politik ze maachen. Si ass dann och 1980 der LSAP bägetrueden an och schonn 1981 an de Péitenger Gemengerot gewielt ginn. D'Lydie Err ass, säit deem si 1984 fir d'éischte Kéier an d'Chamber gewielt ginn ass, ëmmer erëmgewielt ginn, sou datt si scho bal säit 30 Joer hei an eise Reien ass.

Si hat awer och fir eng kuerz Zäit op der Regierungsbänk plaz geholl. Wéi 1998, nom Récktrëtt vun deemolege Gesondheitsminister Johnny Lahure, no engem Nofolger gesicht ginn ass, huet d'Lydie Err kandidéiert an ass och vun deem zoustännegen LSAP-Gremium gewielt ginn. Op hire Wonsch hi gouf si Statssekretärin fir d'Aussepolitik an d'Kooperatioun.

No de Wahle vun 1999 ass d'Lydie Err erëm hei an d'Chamber zrëckkomm a si huet sech wederhi mat deenen Theme beschäftegt, déi hir besonnesch um Häerz leien: d'Fraen, d'Kanner an d'Minoritéiten am Allgemengen.

## (Interruptions et hilarité)

E grousst Virbild vum Lydie Err war dann och dowéinst d'Lydie Schmit. An esou ass et verständlech, datt déi vun hir matgegrënnten Aarbechtsgrupp an der LSAP den Numm vun hirem politesche Virbild kritt huet.

Mir kennen d'Lydie Err als eng Politikerin, déi ëmmer oppen ass fir Diskussiounen an déi d'politesch Auseanersetzung ni gescheit huet. Si huet eng direkt Aart a Weis, fir d'Saachen ze soen, a si steet zu hirer Meenung. Si huet en onermiddlechen Asaz an deene Secteuren un den Dag geluecht, déi hir duerch hire Beruff, hiren Interessi an hir Idealer nostinn: den Droit a senger ganzer Villfältigkeet, d'Aussepolitik, d'Mënscherechter a besonnesch och d'Promotioun vun der Konditioun vun der Fra am öffentlechen, am privaten an am Berufsliewen.

D'Lydie Err huet am Laf vun de Joren eng ganz Rei vu Propositions de loi eragereecht, déi politesch net ëmmer onëmstridde waren, wéi zum Beispill iwwert d'Ofdreiwung, den Numm vum Kand, d'Union libre, iwwert déi zivil Médiatioun, de Suicide oder awer och d'Euthanasie-gesetzespropositioun, déi si zesumme mam Jean Huss agereecht hat an déi hir ganz besonnesch um Häerz louch.

D'Lydie Err ass sécherlech eng vun deenen Deputéierte gewiescht, déi am Laf vun hirer Carrière am meeschte Gesetzespropositiounen eragereecht huet an deementspriedend hir Spuren an deemem Haus hannerlooss huet. Si huet vill a gutt Aarbecht gelescht a sech net nëmmen hei am Land en Numm gemaach. Als Verriederin vun der Chamber an esou munchen internationale parlamentaresche Versammlungen ass si mat grousser Sachkenntnis a mat hirem bekannten Duerchsetzungsverméigen opgetrueden. Besonnesch d'Aarbechten am Conseil de l'Europe louchen hir um Häerz.

D'Lydie Err ass hirem Engagement fir d'Gläichstellung vun de Bierger ëmmer trei bliwwen an hire politeschen Undriff ass hiert Engagement fir eng méi gerecht Gesellschaft. Et ass wuel dowéinst, datt si säit méi wéi zéng Joer sech an der Médiatioun weidergebilt huet. Net méi spéit wéi dee leschten Donneschdeg huet si nach zu Stroossbuerg no méintelaanger Fläiss-aarbecht hire Rapport iwwert d'Rechter vun de Fraen an der Welt virstelle kënnen. An haut de Mëtten huet hire parlamentareschen Ofschloss an der ziviler Médiatioun gestan.

Deen elo schonns jorelaangen Asaz fir d'Nécessitéit vun enger Médiatioun an eiser Gesellschaft ass dann och déi beschte Viraussetzung, fir de Poste vun der Ombudsfra ze bekleeden.

Mir wäerte vu muer un alleguerten d'Lydie Err vermessen, ganz besonnesch och am internationale Service, wou d'Lydie duerch hir Gentillesse, awer och duerch hir liicht Desorganisatioun bekannt war,...

## (Hilarité)

...wat dozou gefouert huet, datt heiansdo kee wouss, wou si grad an der Weltgeschicht dru war an domadder nawell fir e bëssen Opreegung hei am Haus gesuergt huet.

Och als President hat ech alt heiansdo meng Schwiereregkeen, fir d'Madame Err an hirem Wortschwall ze bremsen. An et ass och net ëmmer einfach gewiescht, fir hir verständlech ze maachen, datt et nun ebe leider an deemem Haus eng Riedezäit géif ginn. De Mëtte konnt Der lech nach eng Kéier alleguerten dovun e Beispill huelen.

## (Interruptions)

Wat ech awer immens un der Madame Err apprécieieren, ass, datt si et ëmmer erëm fäerdegbruecht huet, no der politescher Auseanersetzung sech erëm mat de Kolleeginnen a Kolleegen dohinnerzesetzen a gemittlech e Patt ze huelen a sech ganz labber iwwer net politesch Sujeten ze ennerhalen.

Vu muer u geet fir d'Lydie Err en neie beruffleche Liewensofschnëtt un, dee sech awer nach ëmmer am Giron vun der Chamber wäert ofspillen, sou datt de Kontakt zu deemem Haus, dat si gutt kennt, net wäert ofbriechen.

Léift Lydie, mir wënschen dir op jidde Fall vill Erfolleg a Satisfaktioun an deser wichtiger Funktioun. A mir sinn alleguerten iwwerzeegt, datt déi exzellent Relatiounen, déi d'Chamber mat dengem Virgänger hat, och mat dir wäerte virugefuert ginn.

Villmools Merci!

## (Applaudissements)

Sou, elo kritt d'Lydie Err d'Wuert, an do ass d'Riedezäit net méi begrenzt.

## (Interruptions diverses)

► **Mme Lydie Err** (LSAP).- Ouni Zäitlimite?

► **M. le Président.**- Ouni Zäitlimite.

► **Mme Lydie Err** (LSAP).- Zwou Minutte pro Joer, ech mengen, dat misst goen. Mä fäert net!

Kolleeginnen a Kolleegen, ech stinn haut fir d'Lescht op deser Tribün, wou ech de 16. Oktober 1984 meng éischt Ried gehalen hunn - zur Zuhälterei - a sinn haut am Fong bal gradesou gestresst wéi deemools. Dir verstitt sécher alleguerten, dass dat heite fir mech e ganz speziellen Dag ass, well lassloossen, wat ee bal 30 Joer mat Engagement gemaach huet, ass net einfach, an - éierlech gesot - kann ech mer et eigentlech nach net richtig virstellen.

Dat wësse besonnesch zwee Kolleegen, a seit kuerzem Ex Deputéierten, déi dee Wee, deen ech haut ginn, viru kuerzer Zäit och gaange sinn: den Änder an de Muck. Den Änder, mä laangjahregen Noper, deem seng geschätzten Zitatiounen ech ëmmer erëm an Dossieren, wou ech se iwwerhaupt net sichen, a Bicher,